

M. le Président.- Also Kolleegen, lauschtert emol, esou kënnen mer net weiderfuere! Dir kënnt net dauernd de Minister ënnerbriechen!

M. François Biltgen, *Ministre des Cultes.*- Jo, Dir schwätzt just esou haart, dass et wierklech schwéier ass sech ze konzentréieren!

Mme Nelly Stein (CSV).- Dat do si keng Manéieren.

(Brouhaha général)

M. François Biltgen, *Ministre des Cultes.*- Här President, et ass wierklech e schwierige Sujet an ech versichen an deem Sujet net hei ausfalend ze ginn. Et ass schrecklech schwierig, dat propper ze maache wann een dauernd Géigestëmmen am Réck huet.

(Interruptions diverses)

Ech hunn eben esou e breede Réck, dass e bis bei den Här Gira eriwwer geet!

(Hilarité)

Well als Minister muss een e breete Réck hunn.

Ech kommen also nach eng kéier zrëck op d'Verhandlungen. Wa mir also mat deene musulmanesche Gemeinschaften verhandelen, dann hu mer do zwou Konditiounen gestallt.

Déi éischt ass déi, dass se aus engem Mond schwätzen - dat ass emol ee Punkt - an dass se fir se alleguere schwätzen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. A mir wëllen et net maache wéi d'Belsch, wou hinne vun uewen erof en Organ ootroyéiert gouf, dat si awer à la base net unerkennen. Dat heescht ech hätt gären, dass se hei à la base eent ze bestëmmend Organ, wat habilitéiert ass, am Numm vun de Muslimanen zu Lëtzebuerg ze schwätzen, mat eis fannen; dat si se amgaangen ze maachen. Si behaupten, si wäer schonn esou wäit, dat iwwersinn ech nach net ganz, mä si maachen déck Efforté fir op dee Wee ze kommen; dat ass emol schonn eng wichteg Viraussetzung.

An déi zweet ass, dass mir eis eens ginn iwwer all déi Froen déi gestallt ginn, an do ass fir mech doudsécher den Exercice vu Gläichheet tëschent Mann a Fra, an alles wat domadder zesummenhängt, e wichtige Punkt an dee gétt elo zur Zäit op technischem Niveau diskutéiert a soubal mer do weider sinn, komme mer och do erëm eng kéier zesummen.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här Biltgen, wann ech gelift.

M. François Biltgen, *Ministre des Cultes.*- Jo.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Entschëllegt, Dir schwätzt do vun der Gläichheet tëschent Mann a Fra beim Islam. Wéi ass et da bei der kathoulescher Kierch fir Paschtouer ze ginn, ass dann do net och eng gewëssen Ongläichheet?

M. François Biltgen, *Ministre des Cultes.*- Dat ass eng aner Approche.

(Hilarité et interruptions)

Dat ass eng aner Approche, Här Huss.

Une voix.- Wat ass dann do den Ennerscheed?

(Interruptions diverses)

M. François Biltgen, *Ministre des Cultes.*- Dat ass eng aner Approche, well et eppes anescht ass, wéi een an engem kierlechen Organ zesummeschafft.

Also ech hu jo meng Meinung doriwwer, mä ech soe just, dass et juristescht eng aner Approche ass an dass et dozou juristescht Differenze gëtt an déi sinn och op europäeschem Plang unerkannt.

Also, wann ech fir eppes a mengem Mënscheverständnis vun der kathoulescher Kierch Schwierigkeiten hunn, dann ass et dat, mä dat ass awer esou an där Kierch unerkannt an et ass jo och fräi esou bestëmmt, an ech mengen dee Moment ass dat och unzeerkennen an dann ass dat net deeselwechte Problem an domadder ze vermëchen.

(Brouhaha général)

De Punkt ass also deen, dass mir elo déi heiten zwou Konventiounen hunn.

(Interruption)

Här Huss, et ass e kanounesch Recht, elo ginn ech zwar juristescht e bësse méi wäit, mä et ass e kanounesch Recht, wat hei applicabel ass an dofir hunn ech nämlech virdrun expressis verbis dem Här Urbany geäntwert, dass mir hei am Privatrecht sinn an do kann och de Patron verschidde Kritäre festleeën, souwäit se konform sinn zum Aarbechtsrecht. An dat geet och. Do ginn et Jurisprudenzen driwwer. A wat eben de springende Punkt ass, dat ass, dass net wéi 1998 d'Regierung ursprénglech geplangt hat, de Statut vun de Paschtéier an deenen anere Ministres du culte en öffentlech-rechtleche war, mä e privatrechtlechen. Engem öffentlech-rechtleche Statut hätt dat Schwierigkeete gemaach an dofir hu mir dat 1998 dee Moment an der Kommissioun, op Grund vum Avis vum Statsrot, ëmgedréint.

(Interruption)

Dat huet alles eppes mateneen ze dinn.

Also, wat d'Konventiounen mam Islam ugin, do lafen d'Diskussiounen um Wee vun enger Integratioun. Déi kann natierlech net ofgeschloss sinn, bis all déi Froen, déi ech elo gesot hunn, gekläert ginn. Dofir brauch een Zäit an et soll een dat och roueg maachen, fir och do net falsch Hetz op Leit ze maachen, déi hei zu Lëtzebuerg awer wierklech méi wéi duerch d'Bank ganz propper liewen an och kee Misère maachen. Mä wann een eng Konventioun mécht, muss ee sech do Zäit huelen an dat maache mer.

Da wollt ech zu dem Problem vun der orthodoxer Kierch schwätzen. Ech mengen, Här Bodry, dass mir genee datselwecht wëllen an ech mengen, dass mir och datselwecht maachen. De Problem ass just, dass d'orthodoxesch Kierch e schwierige Rechtsraum ass. Et ass esou, dass d'orthodoxesch Kierch op déi éischt Jorhonnerten no Christus zrëckgeet; déi huet sech dann an deenen éischte Konzilen entwéckelt an d'orthodoxesch Kierch erkennt och haut nëmmen déi éischt Konziler un. Du koud 1054 de Schisma, deen ni méi echt opgehuewe gouf an d'orthodoxesch Kierch huet sech dann och spezifesch développéiert.

Se huet sech an deem Sënn spezifesch développéiert, dass et och do verschidden Zorte vun autocéphale Kierche goufen; zum Beispill déi, déi iwwerhaapt näischt méi wëllen. Also fir d'éischt huet d'orthodox Kierch ugefaange Métropolen ze kréien an duerno de Patriarch. Du sinn awer Kierche komm, déi sech vum Patriarch lassgeloost hunn, meeschtens well e weltleche Fürst d'Hand wollt hunn op senger nationaler Kierch an dann net wollt mat engem ze dinn hunn, deen ausserhalb vu sengem Rechtsraum souz an dee sech net den Aarm béie gelooss huet; dat ass dann dat mat der Geschicht vun der orthodoxer Kierch vu Russland zum Beispill an och där vu Griichenland.

Et ginn awer nach wie vor eng „Partie“ orthodox Kierchen - soen ech och elo ënnert Gänseféischer -, déi nach ëmmer dem Patriarch ënnestinn. A wat mir hei eben net wollten - an dat war eng Diskussioun, déi mir am Haus hatten - dat ass heihinner goen an

eben national staatlech Kierchen unerkennen. Dat huet och zum Beispill déi viregt Regierung dozou bewogen, wéi och schonn deemools déi griichesch-orthodox Kierchen, déi se wollt unerkennen, net déi griechesch-orthodox aus Griichenland, mä déi griichesch-orthodox „en communion“ mam Patriarch vu Konstantinopel; dat ass eigentlech vill méi eng kleng Kierch, mä et gétt och eng griichesch-orthodox a Griichenland an déi gétt ugeféiert vum Bëschof Christodoulos. Dee kennt Der vläicht...

(Interruption)

..., virun allem well en dogéint war, dass aus de griichesche Päss d'Reliounszougehéierigkeet sollt erausgoen, an deen do an engem décke Sträit läit mam Patriarch vu Konstantinopel, well hie wëllt d'Oberhoheit iwwer eng Partie Kierche kréien an d'Bëscheef nennen, déi eigentlech de Patriarch vu Konstantinopel nennt.

Just déi Iwwerleeung, dass mir hei net wollten Nationalkierchen unerkennen an hei net wollte Précédenté schafen, huet eis dozou gefouert fir mam Patriarch, respektiv deem sengem Metropolit, deen a sengem Numm agéiert, ze verhandelen; dat war schonn deemools 1998 de Fall an et war och elo de Fall.

Ech muss lech éierlech soen, dass ech och haut - an dofir hu mir dat och bei den Orthodoxe gemaach -, am léifste gehat hätt, mat de protestantesche Kierchen zu Lëtzebuerg wär dat net esou gaangen, wéi dat no der Geschicht gaangen ass - dat waren eis Frënn, den Här Koch an den Här Donde-linger vun Esch, déi deemools do ganz staark déi Konventioun proposéiert hunn -, an et hätt een och do dës le départ eng Konventioun mat de protestantesche Kierche vu Lëtzebuerg gemaach an dann hätt een dat och esou opgedeelt. Well ech mengen net, dass een an Zukunft nach soll eng dänesch protestantesch Kierch an esou weider kréien; ech hätt léiwer eppes ganz Einheitleches gehat. Dat war awer net de Fall. Mä mir sinn hei op dee Wee gaangen a mir hu gesot: Majo mir fänken elo net un erëm eng kéier eng ganz nei Konvention fir déi Serbesch-Orthodox an eng fir déi Rumänesch-Orthodox auszuhandelen, mä mir weiden dat aus, wat mir mat de Griichesch-Orthodoxen hunn, op déi Serbesch-Orthodox, op déi Rumänesch-Orthodox, mä nëmmen esou laang déi eppes mam Patriarch vu Konstantinopel ze dinn hunn. Wann déi autocéphale Kierchen nämlech géife verschwannen, da wär de Patriarch vu Konstantinopel erëm direkt zoustänneg. Dat heescht, se sinn autocéphale awer net autonome. An dat ass, mengen ech, e bësslechen den Ennerscheed hei vun der Differenz an dat bréngt mech dozou ze soen, dass mir genee datselwecht wëllen an dat ass, dass dësen Text dat garantéiert.

(Interruptions diverses)

deé géif do eng richtig Statskierch ginn a sech lassléise vum Patriarch vu Konstantinopel. Dee Moment wäer mir am Prinzip, dass se d'Konventioun net respektéiert hätt an dee Moment bréichte mir als Stat och déi Konventioun vun eiser Säit aus net méi ze respektéieren. Ouni dass mir fir d'éischt, menger Ansicht no, müssen - do kënnt der awer dovunner ausgoen, dass ech net wëll driwwer streiden -, mä ech mengen, dass wann een d'Konventioun net respektéiert op där enger Säit, deen aneren och net méi gehalten ass, déi Konventioun ze respektéieren. Sou dass mir dann och net méi d'Gehälter géife bezuelen, well hei trëtt de Stat als Tiers payant an, wat d'Gehälter ubelaangt. Dat also zu deem dote Punkt.

Voilà, also ech wëll nach eng kéier soen, dass ech mengen, dass et richtig ass, dass mer dat heite maachen. Ech weess, dass dat kontroverséiert ass. Ech muss soen, ech sinn awer ganz frou, dass ech dee Kulturkampf hei verspéit nach eng kéier materielt hunn, an dass déi Gréng sech dohinne placéiert hu wou se sinn, nämlech antiklerikal. Dobaussé gi se sech ëmmer als Softien a fein zu jiddferenger Säit. Hei ass den alen Antiklerikalismus erëm eng kéier erauskomm, a mir hunn da verstanen, dass deen eenzege Wonsch, deen Der hutt, ass, bei den nächste Wahlen d'CSV erauszukréien. Dat soll och emol eng kéier gesot sinn, dat hunn ech dann elo zur Kenntnis geholl.

(Interruptions diverses)

Ech soen lech merci.

Une voix.- Hire Wonsch geet méi wäit!

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5150 a stëmme doriwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 5150^e.

Lecture du texte du projet de loi 5150 (par M. Nico Loes)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung vun dësem Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5150 et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 33 Jo-, 13 Nee-Stëmme an 12 Abstentionen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bo-

dry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké (par M. Jos Scheuer), Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi 5151 a stëmme och doriwwer of. Den Text dovunner steet am Document parlementaire 5151^o.

Lecture du texte du projet de loi 5151 (par M. Nico Loes)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugehall.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet de loi 5151.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5151 et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 44 Jo- an 13 Nee-Stëmme.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen da bei d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5148 iwwert d'Ennerstëtzungsmoosnamen zu Gonschte vum Mëttelestand. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgesat. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Clement, Krecké, Belling, Henckes, d'Madame Wagener an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Sauber. Här Sauber, Dir hutt d'Wuert.

7. 5148 - Projet de loi portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

M. Marcel Sauber (CSV), *rapporteur*.- Merci, Hår President. Hår President, Dir Dammen an Dir Håren, d'Regierung huet an hirer Erklärung vum 12. August...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Marcel Sauber (CSV), *rapporteur*.- ...1999 d'Wichtigkeet vun de Kleng- a Mëttelbetriber op dem wirtschaftlechen a soziale Plang hei zu Lëtzebuerg ënnerstrach a si huet och an dârselwechter Erklärung decidéiert, mat enger Politik virunzefueren, déi d'Classes moyennes soll weider encouragéieren, déi d'Beschäftegung soll renforceréieren an déi d'Konkurrenzfähgkeet vun de Betriber soll weider verbessern. An dëser Optik gesäit se eng Reform vun der Loi-cadre des classes moyennes vun 1968 duerch eng geziilt Förderungspolitik an am Aklang mat den europäeschen Direktive vir.

Eng Fro, déi sech viraus vläicht stellt, dat ass déi: Wat huet eigentlech déi Loi-cadre vun 1968 bruecht? Wann ee seet 1968, da sinn dat haut praktesch 35 Joer wou déi Loi-cadre do a Kraaft war. Schonn eleng dee Fait ass derwäert fir ze soen, et war e Gesetz wat an der Konzeption gutt war, well et ass praktesch net wesentlich ofgeännert gi während där ganzer Zäit. Et ass och e Gesetz wou d'Orientierung gestëmmt huet, an déi finanziell Interventionen, déi ebe vun öffentlecher Säit komm sinn, déi hunn d'Adaptatioun vun dese Betriber un d'wirtschaftlech Situatioun, un d'ökologesch Problematik, un d'technesch Evolution an och un d'sozial Evolution erlaabt.

Wann ee verschidden Ziffere wëllt emol kucken, da weisen ech lech vläicht op mäi schrëftleche Bericht hin an och op de Bericht vun dem Ministre des Classes moyennes, de Joresbericht, wou eng ganz Partie interessant Zifferen dra sinn. Aus dësen Ziffere vläicht der dräi herausgegraff, dat sinn d'Investissementen, déi am Mëttelstand gemaach gi sinn. Wann ech d'Joer 2001 huelen, da war dat fir 4,1 Milliarden, am Joer 2002 fir 6,5 Milliarden an am Joer 2003 fir 7,5 Milliarden Lëtzebuurger Frang. Ech mengen, dat sinn Zifferen, déi ee sech heiansdo och emol muss virun Ae féieren an och versichen emol ze realiséieren. Also 18 Milliarden an dräi Joer sinn an deene Kleng- a Mëttelbetriber hei zu Lëtzebuerg investéiert ginn.

D'Héicht vun dem Investissement an engem Joer, d'lescht Joer 7,5 Milliarden, ass impressionant. Wann ee sech elo awer nach zrëcksetzt an déi Situatioun wou mer déi dräi lescht Jore waren, an eng Situatioun wou et an der Wirtschaft dobause vill méi lues gaangen ass, wou d'Aarbechtsplaze weider ofgebaut gi sinn, da muss ee soen, dee Secteur do strotzt praktesch vun Dynamismus, déi Leit do, déi si risikofreedeg, déi hunn och de Wonsch fir hir Betriber unzepassen, si hunn och d'Fakultéit iwwert dese Wee kritt vun der Loi-cadre, fir déi Upassung ze maachen. Et si Betriber, déi eben un d'Zukunft gleewen.

D'Progressioun vun dem Investissement iwwer dräi Joer ass 78% gewiescht. Wann ech fënneg Joer zrëckkucken, dann ass déi Progressioun 103%. Iwwert de Gesamt mëttelstand deelt dat lescht Joer sech op, beim Handwierk 54%, beim Handel 33% a bei der Hôtellerie 13% vun dem Investissement. Déi haaptsächlech finanziell Ënnerstëtzen, déi iwwert d'Loi-cadre komm sinn, dat war d'Subvention au capital, dat war d'Bonification d'intérêts, an net dobäi ze vergiessen de Crédit d'équipement.

Zousätzlech dozou sinn natierlech och nach aner Aspekter, déi mat-

spillen, wéi d'Aide fiscale oder déi direkt Hëllef, déi och un d'Chambres professionnelles gaange sinn, fir deene Betriber mat ënnert d'Äerm ze gräifen, mat hire Konsultatiounen.

D'Resultat vun där ganzer Politik ass eben, dass haut de Mëttelstand dosteet mat 14.000 Betriber, mat ronn 130.000 Beschäftegter, dat heescht d'Halschent vum Emploi, dat heescht an anere Wieder all Zweeten, deen hei zu Lëtzebuerg schafft, schafft an engem mëttelstännegen Betrib.

A wann ech dann iwwert déi lescht zéng Joer kucken, da stellen ech fest, dass ronn 30.000 zousätzlech Aarbechtsplaze just grad an dese Betriber geschafe gi sinn. An ech mengen dat sinn déi Zifferen, déi ee vill méi oft muss no bausse ginn, fir eben ze weisen, wat d'Kraaft vun engem Mëttelstand ass, wat d'Dynamik vum Mëttelstand ass. Déi Bilanz do, déi ass eng wichteg, haaptsächlech wirtschaftlech gesinn, awer gradsou wichteg sozial gesinn, um Aarbechtsmaart, gradsou wichteg och an der Formatioun vun der Jugend respektiv bei der Weiterbildung a gradsou wichteg gesellschaftspolitesch.

Déi Stärkt do oder dat Schaffen do vun deene Betriber, dat justifiéiert dann awer och voll déi Förderungspolitik, déi eben ageschloe gi war an déi dann elo an enger anerer Form viragefouert gëtt. Natierlech och ënnert där Bedéngung, et soll kee Géisskanepinzipp sinn, mä d'Subventiounen ginn nëmme verdeelt u Betriber, déi effektiv rentabel gefouert sinn. International konnte mer feststellen, dass eis Förderungspolitik hei zu Lëtzebuerg fir déi Kleng- a Mëttelbetriber europawäit bei wäitem déi bescht ass.

Da stellt Der d'Fro: Firwat muss dann elo geännert ginn? Mä aus zwee Grënn. Den éischten ass deen, dass d'wirtschaftlech Realitéiten sech geännert hunn. Deen zweete Grond sinn dann d'Prescriptiounen vun der Bréisseler Kommissioun, wou nämlech den Traité virgesäit an den Artikelen 87 an 88, dat keng wettbewerbsstörend Subventiounen dierfe verdeelt ginn u Betriber. An dat féiert dann och dozou, dat zu Lëtzebuerg nei muss nogeduecht ginn iwwert déi Tauxen, déi eben applizéiert gi sinn, dat an der Optik, dat déi Ënnerstëtzen als Zweck musen hunn, no Bréissel, déi wirtschaftlech Aktivitéite vun de Kleng- a Mëttelbetriber auszebauen, ouni datt doduerch d'Wettbewerbsbedingungen esou gestéiert ginn, datt se géint d'allgemeng Interesse géinge verstoussen.

Wat bréngt elo deen neie Projet eis Neies? Ech géing ufänke bei dem generelle Kader. De Cercle des bénéficiaires gëtt erweidert. Fir kënnen ze profitéiere vun deenen Hëllef, muss een eng Personne physique oder eng Gesellschaft sinn, déi dann och dem Droit d'établissement ënnerläit, dem Droit d'établissement vun de mëttelstännegen Betriber - d'Gesetz vun 1988. Esou formuléiert, schléisst dat net méi aus an Zukunft, datt och eng Partie Professions libérales, déi eben iwert dat Gesetz vun 1988 zouge-looss ginn oder eng Autorisatioun kréien, och kënnen an de Genoss komme vun de Subventiounen.

Fir kënnen vun de Subventiounen ze benefisséieren, muss also d'Professioun vum Investisseur éligibel sinn; d'Investissementen mussen sech bezéien op d'Kreatioun, d'Reprise, d'Extension, d'Modernisatioun, d'Rationalisatioun vun de Betriber, a si mussen sech afügen an d'Activités économiques vun dem Land. Doriwwer eraus gëtt iwwer Règlements grand-ducaux dann d'Nomenklatur vun den Dépenses festgehalen, dat heescht déi Investissementen, déi éligibel sinn, respektiv och d'Betriber, déi éligibel sinn, an d'Conditions an d'Modalités d'exécution ginn duerch Règlements grand-ducaux, wou der e puer hei am Gesetz virgesi sinn, festgeluecht.

Eng weider Innovatioun ass déi, wat d'Investissementer selwer ubelaangt. Wann et bis elo esou war, dat d'Investissementen sech bezunn hunn op Investissements corporels, dann ass dat an Zukunft anescht. Do kënnt derbäi och den Non-corporel. Dat heescht déi immateriell Investissementen wéi d'Breveten, d'Lizenzen, de Savoir-faire oder d'Connaissance technique non brevetée falen och an Zukunft mat drënner. Weider fale mat drënner d'Servicer vun dem Conseil extérieur fir Etüden ze maachen, d'Assurance-qualité an de Management de qualité. A weider falen och an Zukunft mat drënner d'Foiren an d'Expositionen, wou awer de Betrag net kann iwwer 100.000 Euro goen a wou de Prozentsaz op 50% limitéiert ass.

Eng aner Neierung ass déi, datt jee no der Gréisst vun de Betriber d'Behandlung anescht ass, an zwar ass dat dann och op Bréissel zrëckzeféieren, wou d'Réglementation communautaire dann définéiert wéi eng Betriber an dës bestëmmten Hëllef kënnen erafalen. Do sinn also vu Bréissel aus Kritäre festgeluecht ginn, an zwar gëtt zrëckbehalte fir Kleng- a Mëttelbetriber, datt dat Betriber sinn, déi 250 Persounen beschäftegen, wou dann zousätzlech entweder de Chiffre d'affaires pro Joer 40 Milliounen Euro iwwerschreit oder d'Zomm vum Bilan 27 Milliounen iwwerschreit.

Als kleng Betriber, déi eng verstärkt Hëllef kënnen kréien, do sinn d'Kritären déi, datt dat Betriber sinn, déi manner wéi 50 Leit beschäftegen, wou de Chiffre d'affaires dann net iwwer 7 Milliounen geet a wou den Total vum Bilan net dierf iwwer 5 Milliounen Euro erausgoen.

D'Gesetz definéiert dann och weider, wat d'Critères d'indépendance sinn. Déi Betriber mussen nämlech och indépendant kënnen fonctionnéieren. D'Gesetz seet dann och, wat fir eng Investissementen net zrëckbehalte ginn - dat heescht de Règlement grand-ducal definéiert déi Investissementen, déi net zrëckbehalte kënnen ginn.

Wat d'Gesetz net méi zrëckhält vis-à-vis vun deem Gesetz virdrun, dat ass déi direkt Hëllef un d'Kooperativen, déi déi Zäit mat 45% am Raum stoung, respektiv och un d'Associatiounen an d'Organismes professionnels. Dat wëllt net heeschen, datt d'Kooperativen näischt kënnen kréien. Si falen ënnert déi normal Tauxen, ënnert déi normal Kritären, sou wéi d'Gesetz et da virgesäit, awer ënnert keen Taux de faveur méi.

Eng aner Neierung ass den Taux maximum, dat heescht d'Intensitéit vun der Hëllef. Déi ass 7,5% vun den Immobilisations corporelles et incorporelles fir déi Kleng- a Mëttelbetriber, a 15% fir déi Betriber, déi als kleng Betriber definéiert sinn. Eng aner Hëllef, déi och nei dran ass, dat ass déijéineg, déi de Créateurs an de Repreneurs d'entreprise zegutt kënnt, dat sinn déiselwecht Tauxé wéi virdrun genannt plus 10%, déi derbäikommen.

Da kréie mer eng ganz Partie nei Saachen an dat Kadergesetz, wat elo hei virläit, mat eran. An zwar éischten emol eng Hëllef fir Investissementen fir d'Protektioun vum Environnement a fir d'Utilisation rationnelle vun de Ressources naturelles. Ënnert deem Kapitel sinn eng ganz Partie Tauxé virgesinn.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et geet un eng Kéier mol 15% op deem Investissement, wat éligibel ass, fir wann ee Betrib sech upasst un déi communautär Normen an dat bannent dräi Joer, wou d'Norme publizéiert ginn. Deen Taux vu 15% gëtt ersat duerch en Taux vun 30%, wann de Betrib iwwert déi communautär Normen erausgeet.

40% vun dem Coût d'investissement éligible si virgesi fir Investissementen, wann et geet ëm d'Économie d'énergie, iwwer Énergies renouvelables an d'Production combinée d'électricité et de chaleur. Dee Prozent vu 40 kann nach augmentéiert ginn ëm 10%, wann eben déi do Investissementen e gewëssen Approvisionnement oder eng Autosuffisance vun enger ganzer Communautéit kënnen mat sech bréngen. Si kënnen weider majoréiert ginn ëm 5%, wann eng Finalité régionale virgesinn ass, oder ëm 10%, wann et sech ëm Investissementen handelt vu Kleng- a Mëttelbetriber.

100% vun dem Investissement plus nach 15% vun de Käschten, fir den Terrain propper ze maachen, déi kënnen accordéiert ginn an deem Fall, wou effektiv den Terrain verseucht war a wou deen da rehabilitéiert gëtt. Elo kënnt ee soen, dat si jo 115%. Dat ass awer net esou. De Maximum ass 100%, wou een da muss zrëckhalen, datt och do d'Plus-value vum Terrain ofgezu gëtt beim Investissement, wat éligibel ass.

An deemselwechte Kontext sinn och 50% virgesi fir d'Dépense vum Conseil extérieur, wann een op deen zrëckgräift fir d'Protection de l'environnement oder d'Utilisation rationnelle des ressources naturelles.

Eng weider spezifesch Hëllef ass déi fir d'Innovatioun, fir d'Recherche a fir den Développement. Dat ass och eppes ganz Neies, an zwar gëtt do eng Distinction gemaach tësche Recherche fondamentale, Recherche appliquée an dem Développement préconcurrentiel.

Fir déi Recherche do, déi dräi Aspekter ze subventionéieren, si virgesinn eng Kéier 75% fir d'Recherche fondamentale, 50% fir d'Recherche appliquée a 25% fir d'Recherche préconcurrentielle. Déi Tauxé kënnen dann och nach majoréiert ginn, ouni datt awer e Plaffong vun 100, 75 oder 50% fir déi virgenannten Hëllef kann iwwerschritt ginn.

Déi Majoratiounen, dat sinn eng Kéier mol 5 Prozentpunkten, wann eng Finalité régionale do ass; et sinn 10 Prozentpunkten, wann et sech ëm Kleng- a Mëttelbetriber handelt; et sinn 10 Prozentpunkten, wann eng Collaboration transfrontalière ugestriift ass mat wéinstens engem Partenaire, deen och d'Konditiounen an engem État membre erfüllt; 15 Prozentpunkte weider, wann et eng Kollaboratioun ass mat zwee Partenaren, déi an zwee verschiddenen oder dräi verschiddenen États membres da sinn. An da 25 Prozentpunkten, wann d'Resultat vun der Recherche wäit diffuséiert gëtt, an nach eng Kéier 25 Prozentpunkten, wann et sech handelt ëm Opérations de veille technologique oder Études de faisabilité.

Eng drëtt spezifesch Hëllef, déi och hei elo nei agefouert gëtt, ass déi, déi Sécurité alimentaire genannt gëtt. Do geet et also drëm fir d'Traçabilitéit vun de Liewensmëttelprodukter, déi produzéiert ginn, ze verbessern, respektiv fir d'Qualitéit vun de Betriber eropzesetzen. Do kann d'Hëllef bis e Plaffong goe vu 40% vun dem Invest a 25% fir d'Studien, déi vun engem Conseil externe gemaach ginn, mat engem Plaffong vun 100.000 Euro.

E leschte Regime, dee virgesinn ass, och speziell, ass deen, deen dann och um Plan communautaire „de minimis“ genannt gëtt. Dat ass e Regime vun Hëllef, déi kënnen accordéiert gi fir déi Investissementen, déi net ënnert déi Kritären hei falen, sous condition datt d'Hëllef net méi héich ass wéi 100.000 Euro iwwer dräi Joer gestreckt.

Déi Tauxen, déi am Gesetz hei drastinn, kënnen deementsprechend och nach majoréiert ginn.

A wéi enger Form kréien ech elo meng Hëllef beim Stat? Ma jo iw-

wer Subvention en capital oder iwwer Bonification d'intérêts. Ech muss eng Demande maachen. Am Projet de loi war virgesinn, dass déi Demande muss bannent engem Joer, wou den Invest realiséiert ginn ass, dobanne sinn. Dat ee Joer ass vum Conseil d'État proposéiert gi fir ze verlängeren op zwee Joer an d'Kommissioun huet dat och akzeptéiert a si proposéiert dat och an deem neien Text.

Et sinn och nach verschidden aner Dispositiounen am Gesetz, déi vläicht kënnen interessant ginn. Déi Subventiounen kënnen ausbezuel ginn am Prinzip, wann d'Investéierung fäerdeg ass. Mä et kënnen awer och Akonten an der Zwëschenzäit bezuel ginn. Weider dierf den Zënssaz, deen erofgesat gëtt duerch d'Subventioun, net méi wéi op véier Unitéiten erofgesat ginn, an en dierf net ënner 1% Charge goen.

Déi verschidden Hëllef, déi elo hei opgezielt sinn, si selbstverständlech net cumulabel mat Hëllef, déi an anere Gesetzer sti fir d'Wirtschaftsförderung. Dat ass d'Loi économique fir d'Diversification économique an nach zwee aner Gesetzer, déi dann och do opgezielt ginn. Et kann och e Plan d'affaires gefrot ginn, fir eben d'Justificatioun ze bréngen. Déi ganz Kreditter limitéiere sech op d'Crédits budgétaires, déi am Budget da virgesi sinn.

Verschidde Strofe kënnen och virgesi sinn, oder Modalités de remboursement. Dat heescht wann ech elo investéiert hunn an ech hunn eng Hëllef zougesprach kritt an ech verkafen dann déi Maschine, op déi sech d'Hëllef bezunn huet, virun zéng Joer, oder ier se amortiséiert ass, dann hätt ech jo e Geschäft gemaach iwwert d'Subventioun. Da gëtt e Wee gesicht fir dann eben en Deel zrëckbezuolen.

Et sinn och Strofe virgesinn, an deem Sënn, datt een, wann ee versicht un déi Hëllef ze kommen duerch falsch Renseignementen, oder datt ee wëllt d'Kommissioun, déi agesat ass fir déi Hëllef, do oder den Dossier ze tritéieren, op d'A drécken, da kann ee bis zéng Joer exclu gi vun dem Benefiss vun dem Gesetz oder souguer effektiv iwwert de Code pénal Artikel 496 ugesicht ginn.

Bon, wat hunn d'Chambres professionnelles respektiv de Conseil d'État zu deenen Iwwerleeungen do gesot? U sech waren d'Chambres professionnelles an de Conseil d'État fundamental d'omat d'accord. Et sinn eng Partie Problemer, déi allerdéngs opgeworf ginn a méi wäit och diskutéiert gi sinn. Ee vun deenen ass deen, datt elo net méi an dësem Gesetz eng Dotatioun un d'Mutualités de cautionnement virgesinn ass, respektiv och dee Kredit iwwert d'Prise en charge vun de Perten, deen an där aler Loi-cadre virgesi war. Déi sinn elo hei net méi dran.

Dat huet natierlech vun der Säit vun de Chambres professionnelles eng ganz staark Kritik bruecht, well: Em wat geet et hei, wann ech d'Mutualités de cautionnement huelen? Mä dat ass eng Kooperativ, déi ebe just soll fir déi Kleng- a Mëttelbetriber, déi Problemer hu fir bei de Banken hir Kreditter ze kréien, eng Kautioun bréngen. Wou kënnt dat Geld dann elo hier, dee Capital de couverture? Deelweis selbstverständlech vum Kapital vun deenen eenzelne Coopéranen, déi dra sinn, wat awer e verschwindend klengen Deel ass, mä de Gros kënnt iwwert de Statsbudget, iwwert déi ganz 35 Joer, wou dann d'Gesetz gelaf ass.

Iwwert deen dote Wee konnten dann an deenen zwou Mutualitéiten eng Mass vun de Kreditter cautionnéiert ginn, déi d'Betriber, sief et bei de Banken, sief et bei der SNCL iwwer e Crédit d'équipement kritt hunn.

Elo gesäit awer Bréissel net méi vir, datt esou Cautionnementen kënnte

virulafen. Déi ginn zu Bréissel considéiert, datt se ënner gewëssen Ëmstänn konkurrenzverfälschend kënnen sinn, an aus deem Grond si se net zrëckgehalen fir kënnen hei an der Loi-cadre matzespillen. Dat ass och de Grond, firwat datt se an deem Gesetz elo net mat dra sinn.

Natierlech ass et awer och elo sou, datt Bréissel, datt d'Kommissioun u sech zwee Häerzer a senger Broscht huet. Dat eent Häerz ass dat vun der Division concurrence, dat seet: Ah neen, dat do geet net, do verfälsche mer eventuell d'Konkurrenz. An dat anert Häerz ass dat vun der Divisioun, déi sech ëm Kleng- a Mëttelbetriber bekümmert, an déi seet: Ma jo dat do brauche mer. D'Betriber brauche Kreditter. Et ass ee vun de Schwaachpunkte vun de Kleng- a Mëttelbetriber fir un e Kredit erunzekommen, well se net genügend Garantien hunn. Also muss de Stat mathëllefen e Garantiekapital dohin ze setzen.

An déi zwou si sech net eens, an dat ass de Problem woumat mir eis hei mussen iergendwéi erëmfannen. De Moment, kënnst ee soen, kënnen mer raisonnablement net an der Loi-cadre hei, wéi se virläit, déi Hëllef do un d'Mutualitéite viru gesinn, mä an den Texter oder op den Deklaratiounen vun deem zoustännegen Kommissär steet ënner anere och d'Nécessitéit dran, fir datt de Secteur public misst kënnen mat agebaut ginn, just grad fir deen dote System viru fonctionnéieren ze loossen.

Sou datt d'Kommissioun dann hei a sengem Rapport festhält, datt se éischters mol laang driwwer diskutéiert huet; zweetens awer och, datt den zoustännegen Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement sech engagéiert huet, séier ze reagieren, wann zu Bréissel de Problem do geléist ass, wann déi zwou Divisiounen sech eens sinn a wann d'Méiglechkeet erëm ginn ass, fir déi Cautionnementer fonctionnéieren ze loossen, datt dann hei séier mat engem Gesetzesprojet kann nei nogeschoss ginn.

En huet sech och engagéiert fir ze kucke fir Palliativen ze fannen, wa mer elo effektiv - och mat Basel II, wat jo och nach e Problem weider hei spilt - sollen do e Kurzschluss kréien, an deem Sënn, datt net méi genuch Geld do ass fir ze cautionnéieren, datt een dann aner Weeër sicht. Whatever it means déi Weeër? Do gëtt et verschidde Méiglechkeeten. Ee vun deenen ass zweifellos och, datt ee sech iwerleert, wéi d'SNCI vläicht mat neie Missiounen op deem dote Gebitt kënnt chargéiert ginn, an da sollt een dann och mol eng Etüd doriwwer ausschaffen.

Op deen dote Punkt kommen ech nach kuerz um Enn vu mengem Exposé zrëck.

En aneren Aspekt, dee vum Conseil d'État kritiséiert ginn ass an deem Kontext, ass dee vun dem Agencement légal a réglementaire. Den éischte Gesetzesprojet hat virgesinn, datt d'Reglementer kënnte Maximataux festsetzen vun den Hëllef. Do huet de Conseil d'État gemengt, e misst eng Opposition formelle maache mat Bezuch op den Artikel 99 vun der Constitution, wou e seet, datt op jidde Fall ee Plaffong am Gesetz stoe muss.

D'Kommissioun huet sech och domat ausernee gesat. Si kënnst och der Suggestioun, géif ech soen, vum Conseil d'État no, mä aus engem aneren Argument. Net aus deem Argument, deen de Conseil d'État ugefouert huet, well mer sinn am Kader vun engem Règlement communautaire, deen ass selwer „executing“, sou datt d'Tauxen u sech net bräichten nei festzesat ginn déi - d'Maximataux ginn zu Bréissel fixéiert -, mä andeems datt d'Kommissioun trotzdeem dem Conseil d'État Rechnung dréit, gëtt den Text vum Gesetz anescht liederlech, well soss kënnst een net

derlaanscht all Kéier déi sechs Reglementer, déi beim Dépôt vum Text hei derbäi waren, och nach ze kucken, fir den Detail ze kréien. Esou datt mer u sech fundamental dem Conseil d'État nokommen, mä wéi gesot virrangeg aus engem praktesche Grond.

De Conseil d'État hat och gemengt, hie misst obligatoresch gefrot gi wa Changementen vun den Tauxë kéimen. Do huet d'Kommissioun och den Obligatoire ewechgelooss, well se der Meenung ass, mir sinn an enger normaler Prozedur an dat geet an deem Fall völeg duer.

Eenzel Aspekter, wéi zum Beispill d'Recherche vu Sites d'implantation, ginn opgeworf vun der Chambre des Métiers. De Conseil d'État huet déi mat iwwerholl. D'Kommissioun ënnerstëtzt dat selbstverständlech, datt och op deem Gebitt soll gekuckt gi wéi ee kann an Zukunft de Betriber entgéintkommen.

Da gëtt vum Conseil d'État d'double compétence ministérielle opgeworf. Fir dat Gesetz vun 1968, respektiv dat wat mer elo stëmme sollen, sinn zwee Ministeren responsible, an zwar de Mëttelstandsminister an och den Tresor- a Budgetminister. Do huet de Conseil d'État gemengt eng Kompetenz géing duer, dat wär déi vum Mëttelstandsmminister. D'Kommissioun hält awer un deenen zwou Kompetenzen fest, well dat bis elo och net gestéiert huet.

(Interruption)

Jo, d'Regierung war domat averse.

Wat d'Disposition transitoire ubelaangt, déi huet u sech gefeelt am éischte Projet. Déi ass dann ergänzt ginn deels iwwert d'Proposition vum Conseil d'État, déi awer net ganz zrëckbehale ginn ass, mä an engem Deel, an deem Sënn, datt gesot ginn ass, datt dat bestehend Gesetz nach applicabel ass fir déi Dossieren, déi eben ënnert deem Gesetz agefouert gi sinn.

Bei deem Text louch och eng Fiche financière derbäi, wou am Résumé drasteet, datt am Verglach mat deem Gesetz virdru grouss Changementen dra sinn, esou datt et schwiereg ass effektiv elo ze chiffréieren wéi éischters emol d'Evolution vum den Demanden ass, mä zweetens awer och wéi héich de Betrag vun den Investisementer ass, esou datt et ganz schwéier ass fir ze gesi wou wat sech elo hin- an hiervir lagert, mä datt awer de Minister dovun ausgeet, datt in globo de Budget esou wéi e virgesinn ass, kënnst duergoen, datt keng gréisser Iwwerraschung do kënnte kommen an datt de toute façon d'Hëllef limitéiert sinn eben op dat wat am Budget drasteet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut e Gesetz, wat vu grousser Bedeitung ass fir déi Kleng- a Mëttelbetriber aus dem Mëttelstand. E Gesetz, wat nei Akzenter setzt, déi sollen d'Investitiounen an de Kleng- a Mëttelbetriber weider ënnerstëtzen, fir datt dës Betriber sech engem permanent evoluéierenden Ëmfeld kënnen upassen an zwar der wirtschaftlecher an der technologescher Entwécklung, den Ufuerderunge vun der Ëmwelt, der Energieaspierung, der Sécurité alimentaire, awer och der Recherche an dem Développement, an zousätzlech dann och d'Förderung an den Zougank zur Selbstständegkeet weider erliichteren. Dëst Gesetz liwwert en zolitte Charakter fir déi kommend Joren a stellt e ganz wichtegt Instrument vun der Mëttelstandspolitik duer.

D'Retombéien op d'Betriber wäerten net ausbleiwen, mä net nëmmen eleng op d'Betriber, well schlussendlech kënnst dëst Gesetz der Gesamtgesellschaft zegutt, duerch d'Ofsicherung vun den Aarbechtsplazen an dëse Betriber, duerch d'Schafung vun neien Aar-

bechtsplazen an duerch eng Verbesserung vun der Pérennitéit vun de Betriber.

D'Kommissioun vun de Classes moyennes ass sech och däreer bewusst a proposéiert a senger Of Schlosssitzung vum 30. Abrëll 2004, wou se dës schrëftleche Rapport ugehall huet, dann och d'Gesetz an där virleiender Form, wéi et elo hei proposéiert gëtt vun der Kommissioun, ze akzeptéieren.

D'Antécédenten, den Historique, wéi den Dossier gelaf ass, fannt Der am schrëftleche Rapport. Op dee ginn ech elo hei weider net méi an.

Ech wëll awer net ofschléissen ouni de Kommissionsmitglieder, déi an deene verschiddene Sitzungen - et waren der ëmmerhi siwen oder aacht - ganz positiv matgeschafft hunn, merci ze soen. E Merci och un de Greffe, e Merci un de Minister, respektiv seng Kollaborateuren an un d'Sekretariat, déi hei matgeholfen hunn. Esou wäit fir den offizielle Bericht.

Ech hat lech ugedeit, datt ech nach zrëckkéim op deen Aspekt vun dem Cautionnement. D'Kommissioun ass och unanime der Meenung gewiescht, mir sollten eng Motioun hei hannerleeën, wou mer constatéieren, datt also déi Cautionnementsméiglechkeeten, déi mer bis elo haten, schonn e wichtegen Aspekt waren, datt do duerch de Kredit méi bëleg ginn ass, datt et och den Accès op de Kredit erliichtert huet an datt elo déi Hëllef net méi virgesi sinn, dat heescht de Soutien au capital vun de Mutualitéiten ass net méi do, obschonn datt dat en utilen, wichtegen an indispensables Aspekt wor.

Also gëtt d'Regierung opgefuerdert éischters emol d'Evolution vum den Diskussiounen zu Bréissel ze suivéieren. Zweetens, studéieren ze loossen a wéi engem Mooss, datt d'SNCI méi en aktive Rôle an der Matière vun Cautionnement vun de Prête ka spillen. An drëtters, datt en cas de besoin Initiativ geholl ginn, fir eben e Soutien adéquat vum Cautionnement fir déi Kleng- a Mëttelbetriber ze maachen.

Ech géing dann och, Här President, déi Motioun hannerleeën am Numm vun der Kommissioun, ënnerschriwwen och vun deene fënnef Parteien.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant que les dispositions de la loi portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes adoptée aujourd'hui introduisent des soutiens financiers publics importants pour divers investissements réalisés dans les entreprises du secteur des classes moyennes et innover à plus d'un point de vue;

- constatant encore que l'accent des mesures vise avant tout à rendre le coût du crédit moins cher;

- rappelant que pour les petites et moyennes entreprises du secteur des classes moyennes, l'accès au crédit suffisant constitue souvent une difficulté non négligeable, vu les problèmes inhérents à leur structure et à leur dimension;

- prenant acte que la présente loi-cadre, contrairement à la loi-cadre précédente, ne prévoit plus de soutien financier pour renforcer le capital de cautionnement des mutualités de cautionnement de l'artisanat et du commerce, cette mesure n'étant pas prévue par les directives communautaires d'encaissement des aides;

- estimant toutefois que le recours à des instances de cautionnement en faveur des demandeurs de crédit du secteur des classes moyennes ne s'avère non seulement utile mais également nécessaire;

invite le Gouvernement

- à suivre attentivement l'évolution des discussions au niveau de l'Union européenne relatives au cautionnement financier en faveur des petites et moyennes entreprises;

- à faire étudier dans quelle mesure la SNCI peut jouer un rôle plus actif en matière de cautionnement des prêts, et

- à prendre, en cas de besoin, les initiatives nécessaires pour soutenir par un cautionnement adéquat, les efforts d'investissement futurs des petites et moyennes entreprises du secteur des classes moyennes.

(s.) Marcel Sauber, Jeannot Belling, Jacques-Yves Henckes, Jeannot Krecké, Renée Wagener.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Clement (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet et schonn ugeschwat, mä ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, datt de Mëttelstandssektor hei zu Lëtzebuerg e ganz wichtege Pfeiler vun eiser nationaler Wirtschaft ass.

Déi bal 14.000 Entreprises aus dem Beräich vun Handel, Handwerk an Horeca, déi wäit iwwer 130.000 Leit beschäftegen, dat si ronn 40% vun der aktiver Beschäftigung, si Grond genuch dës Importenz ze rechtfertegen.

Wann een d'Entwécklung vun deene leschte 15 Joer kuckt, da gesäit een, datt et an eiser Economie zu enger ganz staarker Restructuration komm ass. Net nëmmen d'Zuel vun de Betriber ass a verschiddene Sektoren an d'Luucht gaangen, mä op jidde Fall d'Zuel vun de Beschäftegten an dëse Betriber ass en moyenne ganz zolidd an d'Luucht gaangen.

Iwwerhaupt hunn déi Kleng- a Mëttelbetriber an deene leschten zéng Joer ëm déi 30.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft. All drëtt nei Aarbechtsplaz gëtt mëttlerweil vun de PMEen hei zu Lëtzebuerg geschaaft. Duerch hir Upassungsfäegkeet un déi wirtschaftlech Entwécklung, esou wéi och duerch hiren Esprit d'entreprise, fir déi schwierig Situatiounen wëllen ze meeschteren, spillen eis Kleng- a Mëttelbetriber eng Haaptroll bei der wirtschaftlecher a soziopolitescher Entwécklung vun eisem Land. Dës positiv Entwécklung ass awer net vum selwe gaangen.

Kleng- a Mëttelbetriber brauchen oft eng Hëllef, besonnesch wa se a Konkurrenz mat méi grousser Firma stinn. Besonnesch wa se sech nei orientéieren wëllen oder wa se Problemer bei der Finanzéierung vun hiren Iddi hunn, oder wann et dem Créateur d'entreprise un deem néidege Startkapital feelt.

E wichtegt Gesetz, dat an deene leschte 25 Joer ville Kleng- a Mëttelbetriber geholfen huet dës Problemer ze meeschteren, ass d'Loi-cadre des classes moyennes aus dem Joer 1968 gewiescht. Dëst Gesetz gesäit verschidde finanziell Bähëllefren zu Gonschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber vir.

Ech mengen, ech iwwerdreiwen net, wann ech behaupten, datt duerch dës Bähëllef vill, esouguer ganz vill vun eise Kleng- a Mëttelbetriber där ekonomescher Kris aus de 70er Joren trotzte konnten. Ausserdeem hu se hei och eng Méiglechkeet kritt fir sech wesentlich besser kënnen op de Banne-maart virzebereeden. Si konnte

sech besser där ëmmer méi grouss an och ëmmer méi haarder Konkurrenz stellen a si konnte besser d'Erausfuerderunge vum technesche Fortschrëtt meeschteren.

Dës Feststellung spigelt sech och an Zifferen vun den accordéierte Bähëllefren aus deene leschte 35 Joer erëm. An der Period vun 1968 bis 1973, wou et lassgong mat deem éischte Gesetz, goufen eng 433 Dossieren traitéiert a Bähëllefren an enger Gréisstenuerdnung vu ronn 63 Milliounen Frang, dat heescht haut 1,56 Milliounen Euro, accordéiert. An der leschter Fënnfjoresperiod, déi dann 2003 op en Enn gaangen ass, goufen 2.648 Dossieren traitéiert an iwwer 41 Milliounen Euro u Bähëllefren accordéiert. Dat si bal 27-mol méi Bähëllefren, wann ee reng en chiffres absolut kuckt, also wann een d'Geld kuckt ouni d'Deierecht dobäizerechnen, wéi dat nach virun 30 Joer de Fall war.

Ech mengen dës Zifferen beweisen ganz däitlech, wéi wichteg dat Gesetz hei fir de Mëttelstand an deene leschte Jore war. Haut mussen mer leider feststellen, datt dat 68er Gesetz net méi genügend de Besoinë vun de PMEen Rechnung dréit an och net méi - de Rapporteur ass schonn dorobber agaangen - konform zu der europäescher Réglementatioun ass. Dofir stëmme mer de Mëtting iwwer en neien Text of, deen als Zil huet, éischters emol dat aalt Gesetz vun 1968 ze ersetzen an, wéi schonns gesot, deenen heitege Besoinë vun eise Kleng- a Mëttelbetriber unzepassen. Ech wëll an deem Kontext net nach eng Kéier op den Detail vun deem Gesetz agoen, ech mengen, dat huet de Rapporteur, de Marcel Sauber, deem ech vun dëser Plaz aus wëll merci soen, ganz ausféierlech a virun allem ganz professionnell a sengem mëndlechen an och schrëftleche Rapport gemaach.

Ech wëll mech dofir a menger Interventioun nëmmen op e puer Punkte begrenzen, déi och déi verschidde Chambres professionnelles an och de Statsrot an hiren Avisen ugeschnidden hunn.

Fir vill Kleng- a Mëttelbetriber, Här President, ass de Site, wou se sech nidderloossen, déterminant fir de Succès oder den Echec vun hiren Entreprise. E gutt Emplacement par rapport zum Stroossennetz och an de Stied oder och ausserhalb de Stied ass ganz wichteg, well esou eng Plaz erlaabt et de Betriber no bei hire Clienten oder no bei hire jeeweilege Fournisseuren ze sinn. Eis nei jonk Betribsgrënner kréie spezifesch Infrastrukturen zur Verfügung gestallt; dat ënnert der Form vu Pépinières d'entreprises oder Bâtiments relais. Dat si Surfaces, déi extra fir déi Kleng- a Mëttelbetriber geschafte goufen an déi et hinnen och erlaben, fir sech an deene beschtméiglechste Konditiounen kënnen ze entwéckelen.

Wann och deenen neie Betribsgrënner, wéi deene bestehende Betriber, vill ënnert d'Äerm gegräff gouf, sou hunn dacks awer vill Betriber och nach Problemer adequat Terrainen an den Aktivitéitszonen ze fannen, wou se sech kënnen nidderloossen oder wou se sech kënnen weiterentwéckelen. Oft entsprechen dës Aktivitéitszonen net ganz de Besoinë vun de Kleng- a Mëttelbetriber oder si musse strenge Réglementatiounen nokommen, wa se sech op dës Plaze wëllen installéieren.

De Statsrot mengt och a sengem Avis, dass een an Zukunft méi op déi Besoinen, Doléances an Intérêts vun de Kleng- a Mëttelbetriber misst agoen, wann et drëm geet nei Aktivitéitszonen auszuweisen oder ze plangen a virun allen Dingen ze reglementéieren. An deem selwechte Kontext mengt de Statsrot dann och, datt den IVL wahrscheinlech déi ideal Plattform wier fir Terrainen ze identifizéieren, déi als Parcs d'activités speziell fir dës Betriber dënge kënnst. Ech mengen, dat ass e Problem an zugläich eng Erausfuerderung, där mer eis

och an Zukunft stelle müssen. Et kann net sinn, dass mer ëmmer nach Betriber hunn, déi duerch hir vläicht e bësselche méi speziell Aktivitéit zu kenger Aktivitéitszon Zougank hunn, eleng aus deem Grond, well d'Reglementatioune vun deenen eenzelnen Zonen ze restriktiv sinn oder vläicht ze genee gehandhabt ginn.

Ech kommen elo zu deem Punkt, deem d'Chambre de Commerce an och d'Chambre des Métiers nawell e bësselche méi haart kritiséiert hunn an iwwert dee mer och an de Kommissiounssitzungen diskutéiert hunn. Et geet ëm d'Statsgarantie an ëm Kapitaldotatiounen zu Gonschte vun de Mutualitéiten aus dem Commerce an dem Handwerk. Ech mengen - an d'Vergaangenheet huet et sécherlech bewisen -, dass dës Instrumenter eng enorm wichteg Hëllef fir déi mëttelstänneg Betriber sinn. Den Accès zum Kredit, an déi domat verbonnen a verlaangte Garantien, sinn haut nach ëmmer méi oder manner grouss Problemer, mat deene vill Kleng- a Mëttelbetriber, an notament déi, déi nei ufänken, ze kämpfen hunn.

De Wee iwwert d'Mutualitéiten ass fir vill Betriber oft deem eenzege Wee, fir un dat néidegt Kapital ze kommen, wa se e Projet wëlle realiséieren. Wann d'Mutualitéit e Risiko iwwerhëlt an engem Betrib e Cautionnement oder e Prêt gëtt, an et geet duerno schief, dann iwwerhëlt de Stat, wann den Dossier stëmmt, en Deel vun där Perte. Et ass deemno wichteg, dass de Stat d'Mutualitéite finanziell ënnerstëtzt an hinnen eng Garantie gëtt, fir dass se de Kleng- a Mëttelbetriber hëllefen hir Projeten esou ëmzesetze wéi se dat virhunn. Elo ass d'Situatioun awer esou, dass de Projet de loi virgesäit d'Statsgarantien an d'Dotations en capital de mutualités de cautionnement ofzeschaffen, well se net méi kompatibel mat der kommunautärer Règlementatioun sinn.

Wa mer elo dës Hëllef vum Stat ofschafen, wäert et fir d'Mutualitéiten, vläicht net kuerzfristeg, mä à la longue oder mëttelfristeg gesinn, schwierig gi fir ze iwwerliewen. Ausserdeem ass de Cautionnement vun de Mutualitéite fir vill Kleng- a Mëttelbetriber oft deem eenzege Wee, wéi scho gesot, fir un déi Kreditter ze kommen. Dofir muss ee kucken, duerch wéi eng Instrumenter een den Ausfall vun dësen zwou Statsinterventiounen zu Gonschte vun de Mutualitéiten erhalen oder du moins kompenséiere kann. An et ass jo och - wéi de Rapporteur et gesot huet - eng Motioun an deem Sënn hei depouéiert ginn, déi vun der ganzer Chamber gedroe gëtt.

Här President, an der Kommissioun gouf och d'Fro gestallt, no wéi engem Gesetz déi Demandë géife behandelt ginn, déi bis haut ageeicht goufen. De Statsrot hat proposéiert, dass dës Demanden ënnert d'Dispositiounen vum 68er Gesetz géife falen „pour autant que les aides prévues par la nouvelle loi ne soient pas plus favorables“. D'Kommissioun war awer der Meenung, dass jee no Demande d'Application vun deem engen oder deem anere Gesetz eng ganz Rei vu Schwierigkeete géif mat sech bréngen; esou zum Beispill an der Gestiou vun deenen eenzelnen Dossier. Och géif duerch dës Prozedur den Délai d'autorisation vun der Demande d'autorisation onnéideg verlängert ginn, wat jo sécherlech net am Sënn vun de Betriber wier an ech mengen och, et wier och fir d'Administratioun sécher schwierig, fir dat alles esou ze bewällegen.

Mir hunn dofir decidéiert, dass déi Demanden, déi agereecht goufen oder ginn, esou laang no den Dispositiounen vum ale Gesetz behandelt ginn, bis dat hei, dat neit Gesetz, a Kraaft getrueden ass. Et kann een natierlech elo argumentéieren, dass eenzel Betriber eventuell benodelegt si par rapport zu deenen, déi hir Demande nom

Akraafttriede vum neie Gesetz areechnen. Dat ass berechtigt, mä ech mengen awer, dass déi Solution eng gutt Solution ass, well et därerf een och net vergiessen - wéi ech scho gesot hunn -, wat fir een administrativen an och finanziellen Opwand et géif bedeuten, wann d'Demanden alleguerter misste retroaktiv behandelt ginn an nach eng Kéier nogekuckt ginn.

D'Betriber hei am Land hunn an deene leschte Jore ganz vill investéiert. Dës Investitiounen konnten ënner anerem gemaach ginn, well eis Betriber iwwert d'Loi-cadre des classes moyennes relativ grosszügig Bähëllef kritt hunn, déi se encouragéiert hunn ze investéieren. Iwwert déi lescht fënnef Joer huet de Montant sech praktesch, kann ee soen, méi wéi verduebelt, fir 2003 bei 7,5 Milliarden Invest - also wann ech soe 7,5 Milliarden, da si mer nach bei den ale Frangen - ze landen.

Dës Investissementer waren noutwendeg, fir der Konkurrenz standzehalen. Duerch déi nei Loi-cadre, déi de Mëtteg hei diskutéiert gëtt an déi, ech hoffen, och gestëmmt gëtt, gestalte mer eis net nëmme kompatibel mat där europäescher Règlementatioun, mä mir suergen och dofir, dass déi verschidde Bähëllef wesentlech méi cibléiert an och méi gerecht an déi Betriber kommen, wou se och am effikasssten an am néidegste gebraucht ginn an ugewennt ginn.

Eis Kleng- a Mëttelbetriber mussen weiderhi konkurrenzfähig an och innovativ sinn, fir ëmmer erëm nei Marchéë kënnen ze erschleissen. A si sinn et, Här President. Si si konkurrenzfähig a si sinn och innovativ, dat beweist den Invest. Si hunn och an deene wirtschaftlech méi schwierigen Zäiten Dynamismus a Risikobereitschaft un den Dag geluecht. Dat wirtschaftlecht Ëmfeld stëmmt, dat bewisen all dës Zuelen. De Mëttelstand geet also hei zu Lëtzebuerg net op de Kretsch.

Ech sinn der Meenung, dass dës nei Loi-cadre eng zousätzlech Verbesserung fir dëst Ëmfeld schafft, wou Betriber nei Viraussetzungen virfannen, fir déi Ziler ze verwirklechen an och ze erreechen, déi se sech selwer gestallt hunn.

Dat gesot, Här President, soen ech lech merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5148 aus dem Joer 2004 ersetzt also e Gesetz aus dem Joer 1968. 35 Joer huet sech näischt Wesentlech an deem Beräich, um Kadergesetz fir de Lëtzebuurger Mëttelstand geännert, war dat Gesetz esou gutt. Déi Adaptatiounen, déi elo noutwendeg sinn an déi mer elo maachen, sinn iwwerfällg gewiescht an et si gutt Adaptatiounen.

Ech félicitéieren elo wierklech dem Marcel Sauber fir säi Rapport. Hien huet bewisen, dass hien en Expert ass. Hien huet aus senger Vergaangenheet scheffele kënnen an en huet dat gemaach. Ech sinn der Meenung, dass dat hei e Rapport ass, deem och als Repère dënge ka fir eng Mëttelstandspolitik ze definéieren an deem eis och nach dëngt wa mer déi nächst Gesetzer vläicht dës Period nach ze stëmme kréien. Dat als Virspann an als eierlecht Kompliment vis-à-vis vum Kolleg Sauber.

Dat Zweet dann: Ech sinn en Ersatz. Ech muss asprange fir de Jeannot Krecké, an et ass wéi ëmmer esou, dass den Ersatz net un d'Original erukënnt. Den Här Kre-

cké huet ganz kuerzfristeg missen heemgoen. Hien ass krank. Mir wënschen him vun hei aus eng gutt Besserung. Hien ass an deem Domän en Abîme de savoir an eng Tête bien pleine. Ech hunn net déi Uspréch. Mir hunn eis déi Aarbecht och opgedeelt gehat an der Kommissioun. Dowéinst, dat als Virspann, a wat och erkläert, dass ech elo awer net mer d'Saach ganz einfach maachen an dat widderhuele wat am Rapport steet oder awer e Lueflidd op de Mëttelstand an op d'Dynamik vum Mëttelstand sangen, déi jo bekannt ass.

Une voix. - Awer op de Minister!

M. Jos Scheuer (LSAP). - Op de Minister, zum Schluss dann.

(Hilarité)

Ech muss mer dat awer elo iwwerleeën, dat heescht, dat hänkt elo of vum Verlaf vum Nomëtteg.

Ech mengen, dat Gesetz hei erfëllt den Zweck vun der Mëttelstandspolitik, den duebelen Zweck vun all Mëttelstandspolitik. Éischtens muss d'Mëttelstandspolitik d'Adaptatioun vu mëttelstänneg Betriber am Handel, Handwerk an dann och nach an der Hôtellerie un d'wirtschaftlech Noutwendegkeeten erméiglechen a begleeden. An dann zweetens muss esou e Gesetz och d'Neischaafung vu Betriber an domadder d'Schafe vun Aarbechtsplazen a vu Plus-valü begënschtegen. Déi Mëttel a Weeër, déi an deem Gesetz opgewise ginn, si gutt a mir wäerten natierlech dat Gesetz och stëmmen.

Dem Rapporteur säi Rapport vu 27 Säiten huet alles duergeluecht an explizéiert an en ass och technesch esou komplex och mëndlech duergeluecht ginn, dass ee wéi gesot en als Repère benotze kann. An ech sinn och nach iwwerzeegt, drëtens als Virspann, dass mer deemnächst hoffentlech eng Diskussioun kréien, déi dann en entsprechende Verlaf hëlt, wa mer iwert den Droit d'établissement oder d'Reform vum Droit d'établissement schwätze kënnen. Déi Diskussiounen wäerte sech ganz bestëmmt iwwerschneiden. Kréie mer se nach?

D'LSAP huet an hirem Programm eng ganz Serie vu Mesuren opgewisen an duergeluecht fir eng effizient Wirtschaftspolitik a fir eng effizient Mëttelstandspolitik ze maachen. Déi zwou Regierungsparteien haten an hire Wahlprogrammer munches versprach am Joer 1999. Ënnert anerem haten se versprach fir séier ze reagéieren an ze agéieren. Wat ass geschitt? Munches ass geschitt, munches ze lues, munches awer och net.

Ech hunn nogekuckt: Am Joer 2001 ass effektiv eng Adaptatioun am Kader vum Steiergesetz geschitt, vun där de Mëttelstand profitéiere konnt. Mä dann zweetens dat allerwichtigst Gesetz, also d'Gesetz vun der Neifaassung vum Droit d'établissement ass am Joer 2003 endlech an d'Chamber komm an elo am Joer 2004 nach net sprochräif, wou mer e puer Woche virun de Wahle stinn. An dat Gesetz ass komescherweis an de Colimateur vum Statsrot geroden, a wann de Statsrot säin Avis complémentaire gëtt, an e wäert dee jo awer ginn, esou wéi mer dat annoncéiert kritt hunn, dann ass a bleift et e Gesetz wat a leschter Minutt gestëmmt gëtt a wou déi Proposen, déi de Statsrot gemaach huet, an déi Oppositioun, déi de Statsrot gemaach huet, menger Meenung no net esou vidéiert ginn, wéi se hätte missen oder kënnen vidéiert ginn.

Ech maachen och do e Kompliment un de President, dee mat enger Engelsgedold mat deene sëllegen Oppositions formelles ëm-

gaangen ass. Fait ass, dass et spéit kënnt. D'PMEE sinn och net...

(Interruption)

Dat ass den Här Hauptert, jo.

(Interruption)

Et ass esou selten, dass mir deene Leit vun der CSV Komplimenter maachen. An deem Fall si se awer ubruecht, well et ass gutt.

(Hilarité)

Ech huelen zur Kenntnis...

(Interruptions diverses)

Une voix. - Oh, den Här Scheuer huet Louangë gemaach!

M. Jos Scheuer (LSAP). - Neen. Ech hu jo gesot, dass dat do technesch Projete sinn an déi Projete ginn och op enger technescher Basis diskutéiert, an ech mengen d'Oppositioun dréit zu der Diskussioun wuel esou vill bäi wéi de Koalitionspartner vun der CSV. Ech wär frou wann dat haut géif bestätegt ginn.

(Interruptions diverses et hilarité)

Dat Gesetz kënnt also a leschter Minutt. Et kënnt spéit. Ech wollt lech awer trotzdeem - fir elo net hei an de Verdacht ze komme fir Lobhudelei ze bedriewen - virliese wat de Statsminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun gesot huet. E seet: Jiddfereen: Beruffsvertrieeder, Deputéierten, Betribschefen, verlaangt déi administrativ Oferschätzung vum Mëttelstand. Da solle mer se och maachen!

Une voix. - Am Mëttelstand?

M. Jos Scheuer (LSAP). - Am Mëttelstand, jo! Mäin Androck ass souwisou deem, dass dem Finanzminister seng Verwaltungen besonnesch staark bei der normativ regulativer Iwwerfettung an d'Gewicht falen. Ech ginn zou mech mat där Fro net genuch beschäftigt ze hunn. Am Finanzberäich kënnt eng Schlankheitskur, dat versprochen ech lech ze maachen, wann ech nach eng Kéier d'Geleeënheet dozou sollt kréien. Ech hunn d'Impressioun wéi wann de Finanzminister de Mëttelstandminister ganz staark a Schutz géif huelen an deem Fall.

(Interruptions diverses)

E stellt sech virun de Mëttelstandminister an assuméiert trotzdeem d'Schold fir eng gewësse Lethargie a fir komplizéiert Prozeduren, déi trotzdeem ugeprangert ginn, vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre de Commerce, ech mengen dat ass gewosst. Et ass also d'Ageständnis an d'Versprechen et besser ze maachen.

Ech wëll och drun erënneren, dass an dem Gesetz iwwert d'Néierloosungsrecht och de Problem vun de Faillitë soll geregelt ginn. Och do kann ee sech d'Fro stellen, firwat dat esou laang gedauert huet. Och do ass zënter Jore schonn drop higewise ginn op alle Bänken, wat do Schued un der Economie entsteet. Effektiv huet dat fënnef Joer geschleeft. An dann dat Drëtt, wat och laang gebraucht huet, dass d'Neiregelung vun de Konkurrenzbestëmmungen. Dat hu mer virun e puer Deeg awer an d'Rei bruecht.

Da wollt ech eppes soen zu deem berühmten IVL. Den IVL, dee jo praktesch d'Bibel ginn ass, déi elo zum Schluss vun der Legislaturperiode erausgeholl gëtt an dann an d'Vitrine gesat gëtt, a wann een den IVL duerchblidert, dann ass dat déi eenzeg Oplëschung vun Industriezonen a Gewerbezon, déi eis oder mir zur Verfügung gestanen huet, wou een och eng Méiglechkeet hat fir en Abléck ze kréien an déi Opzielung, an déi Oplëschung vun deenen eenzelne Pôles de développement.

A mir hunn eis d'Fro gestallt - an ech soen dat och als concernéierter Buergermeeschter -, ob net e Plan sectoriel „Zones industrielles“ oder „Zones d'activité“, nennt e wéi

Der wëllt, op d'mannst esou wichtig wär wéi de Plan sectoriel „antennes“ oder wéi mer se allegueren nennen. Firwat? Wann ee mat eenzelnen Zonen ze dinne huet an et hëlt ee sech seng Referenze bei anere Syndikaten, stellt ee fest, dass zum Beispill de Präis vun den Terrainen terribel variéiert vun enger Zon op déi aner. Do si mir als Syndikater net selbststänneg, fir doriwwer kënnen ze verfüegen. De Präis vum Terrain iwwer Bail emphytéotique misst besser geregelt sinn an dat misst och esou engem Plan sectoriel gekuckt ginn.

Wat d'Besetze vun deenen eenzelnen Zonen ugeet, och do ass een e bëssen à la merci vun den Demanden. Déi Propositiounen, déi vum Ministère kommen, entsprechen net onbedéngt den Demanden, déi vun den eenzelne Secteuren, vun den eenzelnen Entrepreneuren un déi Syndikater, déi dann d'Zone régionale verwalten, eruge-droe ginn.

D'Roll vun de Syndikater misst iwerduecht ginn a virun allem d'Gestioun vun deenen Zonen, well déi gëtt wierklech op eng amateurhaft Aart a Weis gemaach. D'Syndikatsgesetz wat applizéiert gëtt an de Zones régionales dréit der Komplexitéit an dem Enjeu vun deenen Zones régionales net genuch Rechnung. Dat ass net ugepasst ginn. D'Gestioun vun den Zonen, ob dat Zones nationales oder Zones régionales sinn, ass och bal à la merci vun de Syndikater, respektiv à la merci vun den eenzelne Gemengen.

Voilà, dat zu de Zones industrielles, zu de Zones d'activité, an dat aller-mannst wat ee misst maachen: Et bräicht een en Dokument wou déi Concernéiert, déi Demandeur sinn an déi Gestionnaire sinn, iwwer Informatiounen verfüegen, déi se weidergi kënnen an déi fiabel sinn. Dat ass fir mech e wesentlecht Element fir kreativ Mëttelstandspolitik ze maachen.

Dat Véiert, dat ass awer och vu Spezialiste gesot ginn: D'Roll vun der SNCI schleeft sech oft duerch Diskussiounen, ewell zënter Joren, an den Här Clement - deem ass jo an de Mutualitéiten dran, ass Spezialist dodran - huet och drop higewise, dass zum Beispill dee Widersproch an der Positioun vun den eenzelne Chamberen frap-péiert een, deem net Expert ass. D'Chambre de Commerce ass d'accord mat der Approche vun der Regierung an der Approche vun deem Gesetz, während d'Chambre des Métiers net d'accord ass, oder ëmgedréint. Neen, et ass ëmgedréint. D'Chambre des Métiers proposéiert, dass d'SNCI am Fong d'Relève hëlt vun de Mutualitéiten.

Op jidde Fall ass et esou, dass d'Roll vun der SNCI d'Ewechfale vun de Statsgelder bedeit an dass dat Problemer opwerft. De Rapporteur huet dat gesot. Den Här Clement huet dat gesot. D'Wechfale vun der Garantie an d'Wechfale vun der Dotation en capital mussen also nei regléiert ginn.

Fënneftens wollt ech dann op en anere Problem hiweisen, deem och eng Roll spillt, souguer bei deem Gesetz: de Problem vun de Bauschuttdeponien. Och hei geet et ëm de Mëttelstand. Iwwregens wollt ech soen, dass ech begréis-sen, dass de Begrëff Mëttelstand definéiert ass, a gutt definéiert ass. Kleng mëttelstännesch Betriber, gréisser mëttelstännesch Betriber. Elo weess jiddferee wat een dorënner versteet.

Mä zréck zum Problem Bauschuttdeponie. Dee Problem ass net geléist a gëtt, menger Meenung no, och mat deem Plan sectoriel kenger Léisung entgéintgefuert. Ech kënnt lech do Beispiller ginn. Wann ee Mëttelstandspolitik mécht, da muss een deem dote Problem besser ugoen, méi konsequent ugoen, wéi dat elo de Fall ass. Fir de Moment ass et...

M. Nico Loes (CSV). - Et ass awer schonn e Fortschrëtt do, well eng ganz Partie Bauschuttdeponien och emménagéiert respektiv an deene leschte Joren erschloss goufen. Ech kucken de Préizerdall an ech kucken Housen. Ech kucke bei mir zu Noutem.

(Interruptions)

M. Jos Scheuer (LSAP). - Dir sidd privilegiéiert, well der manner dicht besiedelt sidd.

(Interruptions)

Kuckt de Plan sectoriel fir de Süden, fir den Zentrum, fir den Osten. Do ass wéineg Sputt an dat gesäit guer net gutt aus.

(Interruption)

Fait ass, dass Bauschutt - a kriddleche Bauschutt - muss exportéiert ginn oder respektiv ganz, ganz wäit transportéiert ginn. Ech war ëmmer der Meenung - sinn och a menger Partei awer net dermat duerchkomm, mir hunn et och vläicht net haart genuch gesot -, dass ee mat bestëmmtem Material, mat Buedem zum Beispill, Aménagement du territoire maache kann an dass e proppere Buedem kee Schutt ass. Dat wär eng Approche, déi misst een och afféisse loossen an esou e Plan sectoriel.

Da wollt ech nach eng Kéier zrëckkommen, als Ofschloss, op alles dat wat de Premier awer ugedeit huet, nämlech Ofbau vun der Bürokratie, dat heescht d'Vereinfachung vun de Prozeduren. Dat steet sou an eise Wahlprogramm. Dat ass awer net geknäipt aus dem Statsminister senger Ried zur Lag vun der Natioun. An zum Beispill d'Upassung vun de Formulaires an deem Kader, sou dass ee se och online benotze kann. Dat ass schonn en Défi administratif, deen och schonn hätt kënnen éischter, vläicht net onbedéngt vum Mëttelstandsministère, mä vun deem Ministère, dee sech den „e“ un d'Kroun oder op d'Kap gepéicht huet, ugaange ginn. Ech mengen den Internetportal ass eréischt virgesinn. Dee soll operationell sinn am Joer 2007. Et échappéiert mir awer, firwat dass een esou laang brauch, fir deen operationell ze maachen.

An da steet iwwerall natierlech, och bei de Chamberen an hiren Avisen an an hire Pabeieren, déi se erausginn, dass déi Förderprogrammer méi transparent solle ginn an dass d'Selektioun dann och vun den eenzelne Betriber, déi eben éligibel sinn, och vill méi transparent gemaach gi soll.

Dann hu mer gesot, an do wär ech och frou wann de Mëttelstandsminister do seng Meenung géif dozou ofginn: Mir sinn der Meenung, dass d'Zesummeleeung vum Wirtschaftsa- Mëttelstandsministère ubruecht ass aus enger ganzer Rei vun Ursaachen, well zum Beispill déi Doppelspuregkeet zu Mëssverständnisse féiert. Mat dëser Zesummeleeung kéint een och eng Zesummeballung um administrative Plang oder eng Konzentratioun um administrative Plang vu Kompetenze schafen, déi dem Mëttelstand an der ganzer Ekonomie zegutt kéim.

Dat gesot, stëmmt d'LSAP natierlech dëse Projet, deen e Schrëtt ass - ech muss et soen, e geet net wäit genuch, ech weess net, ob et e Meilesteen ass, deen anere kennt ee vläicht als Steen, als Jalon betruechten, deen heiten awer wahrscheinlech net. Et ass eng noutwendeg Adaptatioun, déi natierlech eis Zoustëmmung féint.

Ech soen lech merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Belling virgesinn. Den Här Belling huet d'Wuert.

M. Jeannot Belling (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop wëll ech dem

Rapporteur villmools merci soe fir säin excellente Rapport. Hien ass säit enger Zäit an där Kommissioun. Et muss ee soen: Säit dass hien do ass, daueren d'Kommissionssätzungen zwar duebel sou laang, awer si hunn u Qualitéit gewonnen.

(Hilarité)

Hien huet d'Entstehungsgeschicht vun dësem Gesetzesprojet an d'Diskussionen an der Kommission exakt erëmginn. Dës Diskussionen waren komplex an déifgrënneg. Dat war och noutwendeg, well et huet jo missen d'Analys vum ganze Secteur vun de Classes moyennes a vum System vun de Bähëllef fir déi mëttelstänneg Betriber gemaach ginn.

D'Resultat vun der Aarbecht ass e Gesetzesprojet, deen nieft der Reform vum Néierloossungsrecht dee bedeitendsten ass, deen an dëser Legislaturperiod fir de Mëttelstand gemaach ginn ass, well elo endlech de System vun de Bähëllef fir dëse Secteur un déi heiteg Situatioun ugepasst gëtt. Dat war längst iwwerfällig, well déi lescht Loi-cadre geet elo bal 36 Joer zrëck; Joren an deenen de Mëttelstand sech immens verännert huet.

D'Globaliséierung, d'Weiderentwécklung vum europäesche Maart, déi net nëmmen zu engem méi héije Konkurrenzdruck, mä och zu enger komplexer Réglementatioun gefouert hunn. Den Anzuch vun der Informatik an d'PME, d'Neibestëmmungen am Handels- an Aarbechtsrecht, nei Ëmwelt- a Gesondheetsnorme sinn nëmmen e puer Grënn, déi dës Reform néideg gemaach hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass dofir evident, dass de Mëttelstand vun haut dem Mëttelstand vun 1968 net méi vill gläicht. Mä eppes huet sech net geännert, an dat ass de Stellwäert vun deem Secteur an eiser Wirtschaft.

Et ass gesot ginn, 14.000 Entrepreneurs zielt en, 130.000 Leit beschäftegt en, an all Joer méi, 40% vun eise PIB produzéiert en. Dës Dynamik vun dësem zolitte Standbeen vun eiser Wirtschaft ass grouss. D'Aufgab vun der Politik ass, fir dës Dynamik tatkräfig ze ënnerstëtzen. Dat ass hir jo mat deem éischte Kadergesetz gelongen. Rechent een zesummen, dann huet de Stat tëschent 1968 an 2002 Investissementer vu méi wéi 2 Milliarden Euro am Mëttelstand mat 118,5 Milliounen Bähëllef an Form vu Kapital- an Zënssubventiounen, Garantien, Spuerprimen an technischer Assistance ënnerstëtzt. Dobäi rechnen muss een och nach d'Equipementskreditter vun der SNCI.

Et gesäit een also, dass dës Ënnerstëtzungspolitik zwar hir Früchte gedroen huet, mä et weess een natierlech net, ob se der net nach méi gedroen hätt, wann d'Loi-cadre zum Beispill schonn nom Akraafttriede vum Marché unique 1993 iwwerholl gi wär. Deemools an och scho virduun hätt sécher kënnen en enger Reform vum Kadergesetz geschafft ginn.

Här President, Fakt ass, dass dës CSV-DP-Regierung endlech Neel mat Käpp gemaach huet, d'Loi-cadre vun 1968 nei op de Métier geholl huet an de Retard, dee sech a Jorzéngten accumuléiert huet, opgeschafft huet. Dat war keng liicht Aufgabe, wéi de Rapporteur et och scho betount huet. Erais kum awer e Kadergesetz, dat d'Dynamik vum Mëttelstand an Zukunft nach besser ënnerstëtze wäert.

Ech wëll elo net nach eng Kéier am Detail op déi Neierungen agoen, déi de Rapporteur hei schonn opgefouert huet. Ech wëll just soen, dass mer hei ee Gesetzesprojet hunn, dee méi Entreprisë berücksichtegt, deen endlech d'Investissements non corporels wéi Brevet an d'License mat eranhëlt, deen d'Start-ups an d'Repreneurs d'entreprise besser ënnerstëtzt, deen endlech déi enorm Investissementen

an Ëmweltschutzmoossnamen a Liewensmëttelsécherheet ënnerstëtzt an d'mëttelstänneg Entrepreneurs encouragéiert, fir verstärkt Fuerschung ze bedreiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e wichteg Fortschrëtt fir de Mëttelstand, mä mat dësem Kadergesetz ass et selbstverständlech net gedoen, wat d'Ënnerstëtzung vum Mëttelstand ubelaangt. Elo kommen nach eng Rëtsch Reglementer, déi d'Ausféierung vun dësem Kadergesetz sécheren. Hei muss genee drop opgepasst ginn, dass dës Reglementer am Sënn vum Mëttelstand redigéiert ginn.

An da kennt jo um Niveau vun der europäescher Réglementatioun nach ganz vill op eis Betriber duer. Op viles waarde mer hei och nach, zumools op eng europäesch Regelung um Niveau vum Cautionnement. D'Noutwendegkeet, fir den Zougank zu Startkapital ze garantéieren, ass zwar vum zoustännege Kommissär Liikanen erkannt an unerkannt; et feelen allerdéngs nach Richtlinnen fir en europäesche Cautionnementssystem.

Fait ass, dass de Lëtzebuerger Cautionnementssystem esou net méi kann oprechterhale ginn, well en der europäescher Législatioun net méi entsprécht. Dat ass en Nodeel fir eis Entrepreneurs, déi duerch dës bewährte System Zougank haten zu méi héije Bankpréiten zu besserer Konditiounen. Kee weess, wéi vill Zäit nach vergeet, bis Bréisel nei Richtlinnen an deem Kontext festleet.

Dofir muss mer eis drop astellen, fir a) schnell um legislative Plang ze reagéieren, wann déi Richtlinnen virleien; b) Léisungen ze sichen, déi mer hei zu Lëtzebuerg kënnen asetze fir op en équivalente System erauszekommen.

An hei si virun allem weider Iwwerleeungen um Niveau vun der SNCI néideg, déi bekanntlech schonn 2001 e wichteg Schrëtt an d'Richtung vun der Mise à disposition vu Startkapital gemaach huet, duerch d'Aféierung vum Prêt au démarrage.

Här President, dëst Kadergesetz ass zu dësem Moment zimlech komplett, mä et muss adaptéiert gi soubal d'Situatioun et erfuerdert. D'Demokratesch Partei setzt sech dofir an, dass dat schnell geschitt, a wäert dofir och weider stänneg mam Mëttelstand Verbindung halen.

Zum Schluss dräi Punkten. Deen éischte Punkt: Ech gi selbstverständlech den Accord vun der Fraktioun zu dësem sensationelle Gesetz.

Une voix. - Très bien.

M. Jeannot Belling (DP). - Deen zweete Punkt, dat ass eigentlech e Punkt, dee virduun hätt kënnen bei de Konventiounen gemaach ginn, mä ech maachen deen am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei an ech mengen, ech géing en och am Numm maache vun der CSV zumindest, dat ass: Ech félicitéieren eisem Erzbëschof fir seng 70 Joer.

An drëttsen soen ech lech merci fir d'Nolasschteren.

(Hilarité)

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, et gesäit een, dass et op d'Wahlen zougeet. D'Remerciementen un all méiglech Leit an d'Félicitatiounen huelen zou.

Här President, mir hunn haut e wichteg Gesetz fir de Mëttelstand zur Dispositioun, iwwert dat mer sollen haut diskutéieren an eventuell ofstëmmen. Ech wëll direkt soen, dass mer feststellen, dass an der Regierungserklärung schonn op dëst Gesetz higewise ginn ass, doduerjer dass gesot ginn ass, dass eng „loi-cadre sera réformée pour permettre une aide plus ciblée aux entreprises“, ech zitéieren d'Regierungserklärung vun 1999.

An der Tëschenzäit ass héchstwahrscheinlech gewaart ginn op e puer europäesch Direktiven a Reglementer vun 2001. Wat mer bedauern, dat ass, dass mer eréischt haut am Mee 2004 an der Chamber iwwert d'Gesetz kënnen diskutéieren, e Gesetz, wat ons Gesetzgebung an Aklang setzt mat deenen Direktiven a Reglementer vum Joer 2001, a wat soss nach e bësseleche Gepiddels opweist, mä keng wesentlech Akzenter ausweist.

Eng Fro, déi natierlech vu ganz grousser praktescher Wichtigkeet ass, dat ass: Wéini gëtt dëst Gesetz applizéiert? Am Prinzip ass et esou, dass dat geschitt nodeem et publizéiert ginn ass am Mémorial. Ech wollt froen, ob et net méiglech wär, fir e fixen Datum virzegesinn, beispillsweis den 1. Juni, dass et deen Ablack effektiv géing a Kraaft trieden, fir dass een dat net dem Zoufall iwwerléisst an dass déi Entrepreneurs, déi wëllen nach ënnert deem ale Gesetz eng Demande erarechen, dat kënnen maache bis zu deem Datum, an dass déi aner dann eben ënnert deem neie Régime vum 1. Juni ufänken, respektiv vum 13. oder 15. - dat wär elo just -, mä dass ee sech op een Datum kéint uleeën, fir dass jiddfereen an de Betriber nach ka konkret Dispositiounen treffen, ënner wat fir engem Régime e wëllt eng Demande arechen.

Da muss ee festhalen, dass et e puer Modifikatiounen an deem Text gëtt, ënner anere gëtt hei vun neie Bénéficiairë geschwat, an zwar vun „certaines professions libérales“ am Text vum Artikel 1. An dem Commentaire des articles sinn dat déi Professions libérales, déi enger Autorisatioun vum Minister vun de Classes moyennes ënnerworfen sinn. Dofir wär ech frou, wann een do kéint e puer Prezisiounen kréien.

Fir mäin Deel fannen ech et onglécklech, wann net och aner Professions libérales oder all Professions libérales am Prinzip kéinten ënnert dës Gesetzgebung falen. Et sief dann, dass se d'Subsidien iwwer an anere Wee géinge kréie fir déiselwecht Investitiounen. Dat ass awer eng Prezisioun, déi ech gärén hätt, déi a mengen Aen net ganz kloer aus dem Text ervirgeet a wou een Element, d'Appréciation...

Une voix. - Här Henckes, et ass ganz kloer am Text. Dir braucht nëmmen den Artikel 1 ze liesen. Do ass et ganz kloer.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Voilà, et ass do wou ech et gelies hunn. Ech si frou doriwwer, dass Der dat sot, mä wéi ech den Artikel 1 gelies hunn an de Commentaire, hunn ech déi Prezisiounen leider vermësst.

Ech hunn lech gesot, dass et am Prinzip nëmmen déi Professiounen sinn, déi autoriséiert sinn duerch d'Classes moyennes. Wann et dat ass, da bedauern ech, dass et esou restriktiv gehandhabt gëtt.

Déi aner Dispositiounen am Gesetz betreffen natierlech eng Limitatioun an eng Definitioun vun deene Betriber, déi vun de Kleng- a Mëttelbetriber als solch ugesi ginn, dat ass, dass et maximum 250 Leit solle sinn, dass de Chiffre d'affaires 40 Milliounen Euro an den Total de bilan net iwwer 27 Milliounen Euro soll virgesinn. Et ass oder, bien entendu: eng vun deenen zwou Konditiounen.

Mir schéngt et esou, dass domadder de Gros vun de Betriber, déi

hei zu Lëtzebuerg sinn, wäerten ënnert dës Gesetzgebung kënnen falen. Et schéngt mer, dass dat bal bei 80 oder 90% dorëmmer wäert sinn. Wat déi kleng Betriber ugeet, esou ass d'Definitioun als Entreprise déi, déi ënner 50 Leit sinn, e Chiffre d'affaires vu 7 Milliounen Euro oder en Total de bilan vun net méi wéi 5 Milliounen Euro virgesinn. Dës Entreprisë benefisséiere vu verstärkte Subventiounen.

Wat wichteg ass, dass ass eng Prezisioun, déi mer an der Gesetzgebung fonnt hunn an déi sech och vun den Direktiven hier imposéiert, dass ass, dass déi Betriber müssen onofhängeg si vu grousser multinationale Gruppen. Well soss wier et ganz einfach. Soss kënten déi grouss multinationale Gruppen deen Ablack eng etlech där Subdivisiounen do maachen, fir an de Genoss vu Subventiounen ze kommen. Déi maximal Bedeelegung vu 25% schéngt mer justifiéiert ze sinn an vu vun deenen aneren Definitiounen, déi mer soss nach virgesinn hunn. Et sinn am Gesetz zwou Ausnahmen virgesinn. Den Här Rapporteur ass dorobber agaangen. Ech mengen, dass justifiéiert sech och, quitta dass e puer vun deene Moyenen, wéi d'Société d'investissement en capital à risque, dass mer awer do nach missten e puer Effortë maachen, fir dass mer déi un d'Goe kréien.

Wichtig ass awer och, dass misst versicht ginn um europäeschen Niveau an och um nationalen Niveau, déi eenzel Konditiounen, wou een als Betriber ënnert verschidde Gesetzgebungen fällt, ze uniformiséieren. D'Definitioun vu Kleng- a Mëttelbetriber variéiert nämlech jee no europäescher Gesetzgebung an domadder och ganz oft no lëtzebuerger Gesetzgebungen, notament wat d'Marchés publics ugeet oder ähnlech. Do gëtt et Differenzen a verschiddene Législatiounen an do muss en Effort gemaach ginn, well et gëtt relativ komplex fir Kleng- a Mëttelbetriber ze definéieren, och wat d'Publikatioun vu Bilanen ugeet. Do gëtt et Differenzen, déi net gutt sinn an déi misste mat der Zäit ausgebigelt ginn.

Wat sech als Fro stellt ass, ob fir déi Betriber elo ënnert der neier Gesetzgebung méi erausspréngt, ob se méi Subside kréie wéi bis elo. Am Prinzip schéngt mer den Text esou ze sinn, dass et dat net ausweist, sauf wann ee verschidde spezifesch Investitiounen mécht am Environnement, an der Recherche, an der Sécurité alimentaire. Dat wäert héchstwahrscheinlech vu Fall zu Fall verschidden ausgeluecht ginn. Wat een ëmmer bedauert, dat ass, dass een net e puer Beispiller konkret huet wéi dat sech praktesch auswierkt, well ënnert där bestehender Gesetzgebung déi Investitiounen en faveur vum Environnement, vun der Recherche an der Sécurité alimentaire schonn iwwert de Régime normal subventionéiert gi sinn.

Wat de Surplus ausmécht, dass wäert een natierlech an der Héicht vun deenen eenzelnen Donnéeën gesinn. Et sinn och aner Modifikatiounen. Déi Avantagen tëschent deem ale Gesetz an deem neie Gesetz wäerten héchstwahrscheinlech nach fir déi eenzel Entrepreneurs en etlech Calculë bedéngen.

Wat ech nach eng Kéier bedauern, dass ass, dass een als Chamber net e puer Beispiller huet, fir dat doten ze illustréieren.

Wat ech wierklech bedauern, dass ass, dass esou wéineg gemaach gëtt vun der Regierung - an ech schwätzen do net esou vill de Minister vun de Classes moyennes un - en faveur vun der Recherche.

Lëtzebuerg huet no den Deklaratioun vum Här Statsminister zur Lag vun der Natioun 0,3% investéiert am Joer 2003 vu sengem Bruttoinlandsprodukt, vu sengem BIP, an d'Recherche. Dobäi huet awer am Kader vun der Strategie de Lisbonne Lëtzebuerg sech engagéiert bis d'Joer 2010 en Taux

vun 3% ze errechen. Mat 0,3% si mer par rapport zum Joer 2001 ëm 0,41% zrëckgaangen a mir sinn elo Schlusslicht an der EU. Dat erkläert sech zu engem gudden Deel, datt mer keng spezifesch Mesuren hu fir d'Recherche am private Secteur ze ënnerstëtzen. Mir sinn dat eenzegt Land wat keng Hëllefën huet.

(*Interruption*)

Mä et si justement déi, déi ech gefrot hunn, an dofir weess ech dat. Dofir ass et esou, datt mir hei just nëmmen Hëllefë virgesi fir d'Investitiounen. An allen anere Länner: Belgien, Däitschland, Frankräich, fir nëmmen déi ze nennen, gëtt och iwwert de Wee vu Steierkreditte den Entreprisë gehollef, déi an der Recherche sinn. An déi Steierkreditte maache 50% vun den Ausgaben, wat d'Personal ugeet vun de Chercheuren, aus an déi materiell Hëllefën iwwert de Steierkredit leie wäit iwwert déi Hëllefën a Form vu Subventions en capital, déi hei virgesi sinn.

Ech weess, Här Minister, Dir sidd hei am Kader vun der Subventionéierung nëmmen dofir zoustänneg. Mä ech wëll soen, dass d'Vertreder vun der Regierung, de Wirtschaftsminister an d'Madame Ministerin vun der Recherche, net déi richteg Initiativë geholl hu fir d'Recherche zu Lëtzebuerg attraktiv ze maachen a fir ze évitéieren, datt se an d'Ausland delokaliséiert gëtt. Well et ass am Ablack elo méi interessant zu Diddenuewen oder zu Tréier ze investéiere wéi hei zu Lëtzebuerg.

(*Interruption*)

M. Marcel Sauber (CSV), *rapporteur*.- Här President, ech mengen den Här Henckes ass amgaangen iergendwéi eppes ze wiesselen, well grad bei der Recherche a bei der Innovation sinn Tauxë fir d'Kleng- a Mëttelbetriber virgesi fir d'Recherche fondamentale, fir d'Recherche appliquée a fir den Développement préconcurrentiel, ganz substanzuell.

Dat sinn, fir unzefänken: 75, 50 a 25% an do kënnen nach Augmentatiounen derbäikommen, esou datt déi Tauxë bis 100, 75 a 50% kënnen goen, wou also e ganz wesentlechen Effort dra läit. Doniewent därëf een natierlech och net vergiessen, datt eng ganz Partie Recherche haut leeft, zesumme mat de Kleng- a Mëttelbetriber, iwwert den Henri Tudor an iwwer aner Institutiounen. Do besti Kontakter, wou och Sue fléisst vum Stat, well dat si jo am Fong Schoulen, déi vum Stat bezuelt ginn, esou datt ech mengen, do wiert Der net grad op deem richtege Wee mat deenen Aussoen, déi Der elo amgaange sidd ze maachen. Ech wollt dat just bäifügen.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, dat wat de Rapporteur, den Här Sauber, sot, ass richtig. Dat kontestéieren ech och net, mä ech soe just nëmmen, datt mer mat den Hëllefë wäit hanteru Frankräich sinn.

(*Interruptions diverses*)

Ech soen nach eng kéier: Wou läit d'Differenz? An der Recherche ass et net esou vill den Invest a materiell Gidder wat den Ënnerscheed mécht. Dat wat den Ënnerscheed mécht ass d'Personal, d'Chercheuren, wat och Universitäre sinn, déi relativ deier an de Personalkäschte sinn. An do gesäit een, datt am Ausland vill méi gehollef gëtt an datt mer vun alle Säite vun der Recherche ugeschwat gi sinn, vun de Chercheuren hei, dat ass un all Fraktiounen geschéckt ginn, wou déi gesot hunn, datt Lëtzebuerg déi mannsten Hëllefën a ganz Europa géng ginn. Dat ass dat wat ech muss festhalen. An dat soen net mir, dat soen d'Chercheuren hei zu Lëtzebuerg aus dem private Secteur.

M. Marcel Sauber (CSV), *rapporteur*.- Also an deem Text hei steet net dran, datt d'Personal-

käschten ausgeschloss wäre bei der Recherche fondamentale beispillsweis. Also ass et falsch wat Der sot. Op jidde Fall, hei ass e groussen Akzent dragesat, wann den Text seet, 75% vun de Coûts d'investissements éligibles, da muss ee kucke goe wat ass dat. Wat ass meng Recherche fondamentale? Wat sinn d'Fraisën dovun? Ech mengen, do leien eng ganz Partie Saache mat dran. Op jidde Fall bréngt dat hei Gesetz fir déi Betriber, déi an deem heite Beräich Recherche maachen, eng wesentlech Hëllef, déi kaum europawäit ze sichen ass. Loosse mer dat emol eng kéier akzeptéieren. Wat virun 20 Joer war ass vläicht eng aner Saach.

An dann dierf een net vergiessen, d'Mëttelstandsbetriber hu ganz vill Kontakter mat deem, wat haut heescht, Uni Lëtzebuerg. An eng vun de Justifikatiounen fir d'Uni Lëtzebuerg ass jo just grad d'Recherche fir d'Betriber. Wann also vläicht e Retard an enger gewësser Zäit do war, dann hu mer awer grad just elo Moyenen, fir vill méi wäit an déi Saach do eran ze goen. Ech wollt just dat als Explikatioun mat hei dobäi soen.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Jo, ech huelen déi Explikatioun zur Kenntnis. Mä, sou wéi ech den Text ausleeën, an à moins dass en onprezis ass...

(*Interruption*)

Dat huelen ech gären zur Kenntnis.

..., vu Personalkäschte geet hei keng Rieds. A wann een dat wëllt soen, da muss een dat encadréieren, da muss een dat preziséieren an an dem Text gesinn. Hei geet et just nëmmen ëm eventuell déi Gebailechkeeten - wou ech net weess wéi et ass...

M. Marcel Sauber (CSV), *rapporteur*.- Dir schwätzt vun eventuell. Ech mengen dat Ganzt renvoyéiert jo zrëck op e Règlement grand-ducal an hei si mir an der Diskussioun vun engem Kadergesetz, wat e Kader setzt. Ech mengen, dat anert muss ee beim Règlement kucken, awer net hei.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Also, ech mengen, normalerweise gi Gesetzer gestëmmt mat engem Règlement grand-ducal dobäi an do kann ech op jidde Fall gesinn, dass zum heitegen Zäitpunkt näischt vu Personalkäschten do iergendwou steet.

An et wär souguer a mengen Aen net méiglech, fir e Règlement grand-ducal virzegesinn, wou d'Personalkäschte mat éligibel wäeren, well se jo all Joers missten nei definéiert ginn. Ech géng deem Ablack fannen, dass de Règlement grand-ducal net konform wär zum Gesetz, dat wär e juristesche Risiko fir déi Leit, déi esou Investitiounen wëlle maachen. Mä wann d'Regierung wëllt op dee Wee goen, da soll den Här Minister ons dat hei soen. Tant mieux, ech géng et begrëssen, dass mer iwwert dës Wee an ähnlech Konditiounen géinge kommen, wéi d'Recherche am Ausland.

An da froen ech och de Minister, ob deem Ablack do, déi Méiglechkeete konform sinn zu den europäeschen Direktiven. Well anscheinend gëtt an deenen anere Länner gesot, dass dat deem Ablack net konform wär zu den europäeschen Direktiven, fir Gehälter an deem Ausmooss ze subventionéieren an dass dat misst iwwert de Wee vu Steierkreditte goen. Je renvoie la balle.

Ech wëll nëmmen just drop hiweisen, dass mir als ADR eng Proposition de loi déposéiert hunn, fir der Recherche am Secteur privé ze hëllefën. Ech si frou wann d'Regierung och wëllt mat op dee Wee do goen, mä hic et nunc, mat deem Text, dee mir virleien hunn, ass dat nëmmen eng Hypothees an eng Ausleeung, déi den Här Rapporteur vläicht gutt mengt, mä wou ech an deem Sënn näischt kann

aus dem Text erausliesen. Mä, wa mir eens si fir an déiselwecht Richtung ze goen; pourquoi pas! Ech mengen et ass jo dat, woufir déi Debatt hei soll sinn, mä, nach eng kéier, am Text ass näischt.

Insgesamt muss een och bedauren, dass aner Méiglechkeete vun der Regierung net genotzt ginn, fir déi steierlech Abatementë fir d'Entreprises ze ersetzen duerch Steierkreditte. Well de Wee selwer vum Steierkredit ass, dass deene klengen Entreprises an haapt-sächlech déi Entreprises, déi manner Steiere bezuelen, méi entgéintkomm gëtt, wéi wann een de Wee vun den Abatementen aschleift, wou se normalerweise näischt dovunner hunn. Datselwecht gëllt iwwerens och nach fir déi Privatleit wou mir och dofir plädéieren, fir de Wee vu Steierkreditte anzegoen. Dat ass e Wee, deen an England an an Éisträich gaangen ass, a wou ech mengen, dass mir och gutt géingen doen, fir op dee Wee eng Léisung ze sichen, haapt-sächlech am Intérêt vun de Kleng- a Mëttelbetriber.

Wat fir eng Fro ee sech och muss stellen, ass déi vun enger praktescher Ausleeung hei vun dësem Text. Ob et bei gréisseren Investitiounen méiglech ass, fir en Accord de principe ze froen, éier een en tätegt, ob een déi Hëllefën, déi hei am Gesetz sinn, ka kréien, ob een drënner fällt. Well et sinn e puer Ausleeungen do, ech mengen et wär eng gutt Saach, wann ee bei gréisseren Investitiounen dee Wee kéint goen a wa mir virdru vun der Fuerschung geschwat hunn, da wär dat heiten zum Beispill eng gutt Méiglechkeet, déi virgesinn ass.

Deen anere Problem, deen och vum Rapporteur ugeschwat ginn ass, ass dee vun de Cautionnementen. Ech géng och do soen, dass mir mat där Motioun, déi virgeluecht ginn ass, d'accord sinn an och dofir déi Motioun mat droe wäerten.

Mir sinn och d'accord mam Gesetz, Här Minister, well et noutwendeg ass, dass mir ons Gesetzgebung un d'EU-Direktiven adaptéieren. An deem Kontext wëllt een awer...

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Et ass awer net nëmmen dat!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Jo, et ass net nëmmen dat, mä awer essentiellement dat, an et ass dat, wat mir e bësse bedauren, Här Minister, dass Dir um Ufank vun Ärer Legislatur deen Aktionsplang fir de Mëttelstand vun der leschter Legislatur reaktualiséiert hat an dass een awer muss feststellen, dass wann een d'Ried hei vun dem Här Statsminister bei Geleeënheet vun der Lag vun der Natioun héieren huet, dann awer och gemierkt huet, dass et bei enger vun deene wesentleche Fuerderunge vum Mëttelstand, nämlech d'Reduzéierung vun der administrativer Aarbecht, net an déi Richtung gaangen ass, bien au contraire, et ass nach eng staark Augmentatioun vun der administrativer Aarbecht komm, an dass den Här Statsminister gesot huet, dass dat elo also d'Aarbecht wär vun der nächster Regierung.

Dat ass effektiv e schwierigen an en haarde Chantier, mä dat bedeit och deem Ablack, dass d'ganz Regierung op deem Wee Effortë muss maachen an dass de Mëttelstandsmister muss den Animateur vun esou enger Diminutioun vun der administrativer Aarbecht sinn.

Ech bedauren, dass do net mat der néideger Konsequenz vun dëser gesamter Regierung geschafft ginn ass, fir déi administrativ Aarbecht bei de Betriber ze reduzéieren

an ze vereinfachen. Ech wëll nëmmen ee Beispill huelen: Mir sinn op den 1. Juli 2005, wou eng Direktiv soll a Kraaft trieden iwwert d'Marchés publics, dat eenzegt Land an Europa wou d'Marchés publics sech net dierfen iwwer Internet integral ofwéckelen, souwuel um staatlechen Niveau, wéi um Niveau vun der Gemeng; einfach well mir d'Gesetzgebung net hunn a well déi néideg Infrastrukturen net bestinn, fir dass et goe kann; dat sinn aner Beispiller, déi et gëtt.

Da muss een och feststellen, dass de Mëttelstand um Niveau vum Personal ëmmer méi duerch de Stat Konkurrenzéiert gëtt. Mir wëssen, dass ons Entreprisë vill Effortë maachen, fir Leit auszebilden, déi beispillsweis en CATP hunn. An deem Ablack, wou se se ausgebilt hunn, da gi se bei de Stat Lëtzebuerg oder bei den TICE oder soss iergendwou op de Bus schaffen, well se do eng staark Verbesserung vun hirer Pai kréien, an déi Betriber, déi Leit ausgebilt hunn, sinn deen Ablack machtlos.

Mir als ADR géinge gesinn, dass een do de Betriber géng hëllefën iwwer eng Indemnitéit, fir déi Ausbildung ze kompenséieren an déi Efforten, déi se do gemaach hunn. Well et ass ganz kloer, dass dat doten ee vun deene wichtege Punkten ass, op dee mir mussen higoen, well soss riskéiert et esou ze ginn, dass ons Betriber keng Lëtzebuerger méi engagéieren, keng Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, well se soss riskéieren Leit auszebilden, déi zwee, dräi Joer drop nees bei de Stat oder bei eng Gemeng schaffe ginn.

Deen anere Problem, dee sech am Mëttelstand stellt an deem ëmmer méi grouss gëtt, dat ass déi ongenügend Plaz, déi an de Zones d'activités zur Verfügung steet, fir sech do kënnen ze etabléieren a fir aus de Wunnquartieren eraus ze kommen, respektiv fir sech ze vergréisseren. Och do, mengen ech, huet dës Regierung keng Akzenter gesat an och do ass e ganz staarken Nachholbedarf.

Dat gesot, nach eng kéier, Här President, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ginn an och zu där Motioun.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Merci, Här President. An ech wëllt deene Leit félicitéieren, déi trotzdeem hei sinn, obwuel anscheinend den Owend scho lauter Wahlversammlung sinn.

(*Interruption*)

Ech muss soen, dass ech relativ weëneg Verständnis hu fir d'Majoritéitsfraktiounschefen, op alle Fall fir déi, déi deen Ordre du jour hei fixéiert hunn, wou se selwer woussen, dass hir eege Leit net méi kéinten den Owend hei sinn.

Dat gesot, wëll ech awer elo op de Projet ze schwätze kommen. Ech wäert net méi op all d'Aspekter dovunner agoen. E Projet, dee mir als Gréng iwwerens kënnen ënnerstëtzen. Ech wëllt just e puer Beräicher méi geziilt eraushuelen.

Dat Éischt ass een, deen ech och schonn eng kéier ugeschwat hu wéi mer hei den Débat iwwert d'Failliten haten, dass et zu Lëtzebuerg ëmmer nach de Problem gëtt, dass mer net ganz vill Statistiken hunn. Och an deem heite Beräich wou et drëms geet, wéi eng Entreprises dann eigentlech finanzéiert Hëllefën oder Ureizer brauchen, hunn ech d'Gefill, dass mer bis elo keng seriö statistesch Basis hunn oder dass op alle Fall do nach missten Effortë gemaach ginn.

En anere Beräich ass dann awer och dee vun der Zentraliséierung vun enger Rei vun Donnéeën, net nëmme statistescher, an do konnt een am Positionspabeier vun der

Confédération des Classes moyennes vun Oktober 2003 eng Rei vun interessante Virschléi liesen. Zum Beispill, dass ee sollt eng zentral Stell schafe fir Informatiounen iwwer existéierend an och geplangte Gewerbebezonen oder och d'Aféierung vun engem Handelskadaster an d'Klärung vun de regionale Bedürfnissen am Beräich zum Beispill vum Einzelhandel, mä ech kënn mer virstellen, dass dat och fir aner Beräicher vum Commerce an vun de petites et moyennes entreprises kéint Sënn maachen.

En zweete Punkt, dee mir als Gréng vläicht méi no steet, dat ass dee vun der Ëmweltthematik. Hei gi jo dann nei Bähëllefën an dësem Beräich geschaf, an dat kann een nëmmen als positiv qualifizéieren, och wann ee feststellt, dass dat eigentlech méi aus Grënn vun der Ëmsetzung vun EU-Reglementer ass wou dat endlech kënn, a wann een d'Fro kann opwerfen, firwat mer hu missen op Europa waarde fir déi heite Saachen dann ze maachen, déi sécherlech ganz wichteg sinn, fir dass d'PMEE kënnen och op de Wee goe fir sech an där Hsiicht vun zum Beispill erneierbaren Energien oder rationellem Energieasaz ze moderniséieren.

Ze bedauren ass och e bëssen, dass mer net konnten zesumme mat der Ëmweltkommissioun eis dee Volet ukucken. Da wäre sécherlech vläicht nach interessant Suggestiounen a Recommandatiounen komm. Et gëtt een nämlech d'Gefill net lass, dass hei eng Eentzu-eent-Transposition vum EU-Reglement gemaach ginn ass. Vläicht wär hei nach méi a puncto Fächer vun den Hëllefën oder Kreativitéit vun de Mesuren dra gewiescht.

(*M. Nico Loes prend la Présidence*)

Opfälleg, Här President, ass dann awer och, dass Beräicher, déi am europäesche Reglement explizit ugeschwat ginn, fir méi prezis ze sinn, d'Ökotaxen, hei keen Thema sinn. Elo kënn Der mer soen, dat huet mat deem Projet hei awer wirklech näischt ze dinn. Ech géif mengen, dass et eigentlech de Pendant vun deem heite Projet ass, well et u sech de Complément ass. Wann een Hëllefë gëtt, dann ënnerstëtzt ee jo Betriber geziilt. Wann een eng Ökotax aféiert, dann ënnerstëtzt ee se och andeem een déi Leit schount, déi sech ëmwelt-politesch sënnavoll verhalen, an déi Leit strooft, déi dat net maachen.

An an deem Sënn huet et also schonn eppes domat ze dinn, an deem Encadrement communautaire des aides d'État pour la protection de l'environnement, wéi deen europäeschen Text dann heescht, huet déi Problematik och ganz kloer ugeschwat a gesot, dass an deene Länner wou et eng Ökotax gëtt, zum Beispill am Energieberäich, a wou gläichzäiteg Exonératiounen oder Reduktiounen fir Betriber gemaach ginn, déi doduerjer kënn konkurrenzéiell Problemer kréien, dass déi also duerchaus méiglech sinn. Dat hält en an deem Text fest an dat ass och e wichtege Punkt.

Dat ass awer e Problem, dee sech momentan fir Lëtzebuerg net stellt, well mer ëmmer nach net, obwuel et schonn öfters ugekënnegt gi war, zu Lëtzebuerg Ökotaxen agefouert hunn. An ech fäerten och, dass dat deemnächst net wäert de Fall sinn. Wann een zum Beispill den Avis vun der Chambre de Commerce liest, dann opposéiert déi sech och ganz vehement géint Ökotaxen an hire Recommandatiounen fir d'Wahlen, an dofir kann ech mer och virstellen, dass déi Parteien, déi zumindest elo an der Regierung sinn, net wäerten onbedéngt am Wahlkampf fir esou Saache wéi Ökotaxen anrieden.

Här President, ech kéim dann awer zu engem Punkt, deen ech vläicht esouguer nach méi spannend fanne wéi d'Ëmwelt, an dat sinn d'Fraen. Dir wäert mech elo froen:

Wat huet dat Thema mat deem vun de PMEen ze dinn? Och hei gëtt et eng ganz einfach Explikatioun. Et geet jo hei ëm Hëllef fir d'Kleng- a Mëttelbetriber an enger Rei vu spezifesche Fäll, an ech mengen, dass ech net dat Eenzezt si wat et fir sënnavoll hält wa Fraen zum Beispill gefördert ginn, wa se wëllen eng Entreprise grënnen.

Mir haten hei och schonn Débâte wou doriwwer laang a breet geschwat ginn ass. Ech ka mech erënneren, dass d'Madame Ferny Nicklaus-Faber schonn och eng Kéier 2003 an engem Rapport fir de Fraendag ganz vill dovunner geschwat huet. An ech fannen et ganz interessant wann eng Chambre de Commerce zum Beispill fuerdert, ech zitieren: „zielgerichtete und angepasste logistische und finanzielle Hilfe für junge Unternehmer“. Ech fannen dat ganz gutt. Ech fannen dat ganz sënnavoll.

Déiselwecht Chambre de Commerce seet awer näischt iwwer Fraen. Dat ass och e ganz spezifesche Grupp. Et ass jo net geschwat gi vun „Erstunternehmer“, et ass geschwat gi vun „junge Unternehmer“, also e ganz spezifesche Grupp wou ee kënnt soen: Firwat gëtt deem elo favoriséiert? Do ass dat Thema guer kee Problem. Wann et ëm d'Frae geet, dann ass dat e bëssen anescht. Et ass awer esou, Dir Dammen an Dir Häre, dass Frae wierklech an deem heite Beräich och ganz spezifesch beträff sinn. Et konnt ee viru kuerzem en Artikel am „Télécran“ liese wou gesot ginn ass, dass Fraen och zu Lëtzebuerg méi Schwierigkeiten hunn, fir u Bankkreditte ze komme wa se eng Entreprise wëlle grënnen.

An ech zitieren hei och d'Associatioun Zarabina: „Bei gleicher Kompetenz werden Frauen oft mit geringeren Kreditsummen abgespeist als Männer.“ Dat ass iwwerengs e Phenomeen, deem net Lëtzebuergspezifesch ass, mä deem a ganz Europa bekannt ass.

An och wann hei gëllt wat ech virdru méi generell gesot hunn iwwert d'Noutwendegkeet vu spezifesche Statistiken, da kann een awer nëmmen feststellen, dass d'Iddi vun enger spezifescher Förderung an Europa ëmmer méi hire Wee mécht, an ech zitieren do zum Beispill en europäesche Rapport iwwer Mikrokreditte: „Le Conseil européen de mars 2003 a donné la priorité à l'esprit d'entreprise et a accordé une attention particulière aux microcrédits. L'Europe n'a pas assez d'entrepreneurs et les créateurs de petites entreprises n'ont sûrement pas un accès adéquat à un financement extérieur. Cette offre insuffisante de microcrédits est une question majeure“ - an da kënnt et - „en particulier lorsque les créateurs d'entreprise sont des chômeurs, des femmes ou qu'ils appartiennent à des minorités ethniques. Soutenir l'offre de microprêts est donc non seulement une question d'esprit d'entreprise et de croissance économique, mais aussi d'inclusion sociale.“

E ganz interessant Zitat, fannen ech, an et ass virdru scho vu Basel II hei och geschwat ginn. Basel II riskéiert grad fir déi Gruppen, déi ech elo hei ernimmt hunn an deem Zitat, also och Fraen, negativ Konsequenzen ze hunn, well se natierlech ënnert deene kleng Clienten ermëtzefanne sinn, déi opgrond vun hirem Rating fir d'Banken net méi interessant sinn.

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur. - Dat ass net onbedéngt richtig!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Trotzdeem, Här President, gëtt an deemem Projet de loi näischt zu deem Thema gebuede, an et kann ee sech d'Fro stelle wéi et hei mam „mainstreaming“ an der Regierung ausgesäit. Well wann ee kuckt wat de Fraeministère zum Beispill iwwer Mikrokreditte, iwwert d'Förderung vu Fraen

als Créatrices d'entreprise alles seet a mécht, Campagnë mécht, Journéëën organiséiert an esou virun, an een dann hei gesäit, dass an engem wichtege Gesetzestext wéi deem heiten näischt esou ageschriwwen gëtt wéi spezifesch Hëllef fir Fraen, da kann ee sech jo awer do eng Rei vu Froe stellen.

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur. - Här President!

M. le Président. - Jo, Här Sauber. Madame Wagener, den Här Sauber wëllt lech eng Fro stellen.

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur. - Dierf ech do eng Fro stellen, wann ech gelift?

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Jo, gär.

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur. - Ech hu bis elo nach net Kenntnis gehat, dass eng Fraenorganisatioun d'Fuerderung gestallt huet, dass se speziell Mikrokreditte gären hätt hei zu Lëtzebuerg.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Do muss ech lech zwar widdersprieche, well ech mengen, dass deemools d'Chancëgläichheetskommisioun, wéi se hiren Débat heibanne gefouert huet, net vum selwen op déi Iddi komm war, mä dass et duerch d'Fraenorganisatioun war wou se opgefuerdert ginn ass, do och méi aktiv ze ginn. Ech hunn elo eng Fraenorganisatioun genannt, dat ass d'Zarabina, déi sech drëms këmmert fir Fraen an d'Berufsliewen ze integréieren respektiv hinne Formatiounen ze ginn. Dat sinn zum Beispill Fraen, déi dat fuerderen. Et ginn der bestëmmt nach eng ganz Rei, déi dat géife sënnavoll fannen.

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur. - Dat wat ech kann aus Erfahrung soen, alleguerten déi Fraen, déi d'Konditiounen erfëllt hunn, fir kënnen sech ze etabléieren am handwierkleche Beräich, wann déi komm si fir e Kredit ze kréien, Beispill, souguer fir déi Extremfäll ze huelen: Eng Néiesch, déi nëmmen 200.000 Frang gebraucht huet, do si souguer d'Kreditte gemaach ginn, cautionnéiert gi vun der Mutualitéit, ouni Garantie, ouni Réckhalt. Sou datt mir op deem dote Gebitt vill méi wäit fort sinn, wéi aner Länner oder ënnerentwéckelt Länner.

Ech weess och, dass an ënnerentwéckelte Länner oder a Länner en voie de développement Mikrokreditte ganz wäertvoll sinn. Mä mir hunn am Fong hei iwwer e Crédit d'équipement an iwwert déi Hëllefsgénger eng Egalité des chances tëschent Männlein und Weiblein, wou jiddereen op déiselwecht Manéier behandelt gëtt. A bei deene kleng Kreditte, déi gefrot ginn, ginn d'Mutualitéite souguer esou wäit, dass se iwwerhaupt keng Réckversécherung froen derbäi. Sou datt mer op deem Gebitt do, géing ech soen, warscheinlech hei zu Lëtzebuerg déi fortschrëttlechste Politik bis elo gemaach hunn. Sou datt een et elo schwéier verdréit, wann ee seet, mir maachen hei zu Lëtzebuerg näischt. Also dat doten ass dat wat um Terrain leeft.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Här President, ech wäert dem Här Sauber herno e puer Entwécklungslänner opzielen, wou et esou spezifesch Mikrokreditte oder besser Kreditte fir Frae gëtt. An ech wëllt en och drop hiweisen, mä dorop kommen ech elo, datt et e Rapport vum ad hoc Grupp „Femmes créatrices d'entreprises“ vun der Tripartite gëtt, dee ganz interessant ass an deem do och e puer Saache seet. Do wäert ech elo nach méi an den Detail goen. Mä op alle Fall fuerderen ech d'Regierung eraus, eis dann emol Statistiken ze liwweren, déi e bësse méi prezis sinn an déi eis och

Opschloss driwwer ginn, ob ech dann elo Recht hunn oder den Här Sauber. Dat géif mech wierklech ganz staark interesséieren.

Op alle Fall hate mer am Joer 2003 hei eng Motioun iwwer Mikrokreditte, an an där gouf net nëmmen eng Sensibilisatiouncampagne gefrot, mä et goufen och Informatiounen gefrot iwwert dee Grupp ad hoc, vun deem ech elo grad geschwat hunn. Also e Grupp, deem innerhalb vun der Tripartite fonctionnéiert huet an deem e Rapport ausgeschafft huet, deem eis viru kuerzem zoukomm ass. Leider huet d'Commission des Classes moyennes sech net mat deem Rapport ausenaner gesat. Och hei kann ee sech froen, wéi et mam „mainstreaming“ am Parlament ass. Well ech denken, dass dat net nëmmen e Rapport war fir d'Egalitétskommissioun, mä datt duerchaus d'Classes-moyennes-Kommissioun sech hätt kënnen mat deem Thema befaassen, d'autant plus wou se op deem heite Projet grad geschafft huet.

Et muss een zwar feststellen, wann een dee Rapport kuckt, dass do och net ganz vill Konkretes proposéiert gëtt, an dat obwuel zum Beispill am PAN-Gesetz 2000/2001 scho spezifesch Appuis financiers fir Fraen envisagéiert gi waren. A witzegerweis gëtt dann an deem Dokument och drop higewisen, dass déi aktuell Lëtzeburger Verfassung et net erlaabt, fir spezifesch Mesurë fir Fraen ze huelen. Kuck do!

An domat wäere mer da vläicht och bei engem Thema, wat dës Woch schonn e bësse méi beschwat ginn ass.

(Interruption)

Den Här Sauber huet eng Remarque gemaach, déi ech leider net gehéiert hunn.

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur. - Dat wier jo géint d'Verfassung, wann ee se géing extra behandeln.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Géint déi aktuell Lëtzeburger Verfassung, an ech zitieren lech et och, well ech fannen, datt et derwäert ass: „On peut noter qu'en Allemagne et en Italie, des taux de crédit différents pour femmes et hommes sont prévus. Actuellement, la constitution luxembourgeoise net permet pas l'organisation de mesures spécifiques en faveur des femmes, article 11,2 de la constitution.“

Här President, domat wär ech also bei deem Punkt, deem dës Woch scho fir e bëssen Diskussiounen a Schlagzeile gesuergt huet. Ech wäert net ze vill an den Detail goen, well mer vläicht nach Geleeënheeten dës Woche kréien, fir dorop anzugeen. Mä trotzdeem.

Dir wësst jo, dass déi Gréng sech scho ganz laang fir dee Punkt asetzen an och 1995 selwer schonn eng Proposition de révision ageerecht haten. Op alle Fall war et esou, datt mer elo 10 Joer un där Saach geschafft hunn; datt mer dräimol d'Propositiounen an deem Sënn un de Statsrot geschéckt hunn an un d'Institutionskommissioun, fir dass net nëmmen d'Egalitéit sollt an d'Verfassung ageschriwwen ginn, mä och de Wee dozou. Nämlech den Opdrag un de Stat fir d'Egalité de fait hierzestellen.

An dass elo kuerz viru Schluss, wou een endlech dann hätt kënnen en Text stëmmen a Lëtzebuerg, an och vläicht am Verglach mat deenen aneren europäesche Länner an iwwerhaupt international op een Niveau setzen, dass do eng vun de Regierungsparteien, nämlech d'DP, ausgeschert ass an hire Fraktiounschef do deklaréiert huet, datt si op alle Fall net géifen op dee

Wee goe fir esou eppes an d'Verfassung anzeschreiwen.

(Interruption)

Ah, Här Schummer, ech kann lech...

M. John Schummer (DP). - Den Här Rippinger huet do kloer gesot, Madame Wagener, dass hien en aneren Text am Kapp hat wéi deem, dee proposéiert gi war.

Ech mengen et wäert jo nach ëmmer ee kënnen soen: „Ech hunn eng aner Iddi fir dat doten ze maachen.“

An Dir kënnt awer wierklech der Demokratescher Partei net ënnerstelle mer wäere fraeifeindlech. Mir sinn déi Eenzeg, déi eng Fra hunn als President; mir sinn déi Eenzeg, déi e Spëtzekandidat hunn als Frau; an der Stad Lëtzebuerg déi dräi Eischtgewielte ware Fraen, an d'Halschent sëtzt am Gemengerot!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Ech weess net wat dat dote mam Artikel 11 ze dinn huet, Här Schummer.

Hei ass et drëms gaangen, dass mer dräimol, an Är Partei huet dat matgedroen,...

(Interruption)

...eng Proposition un de Statsrot geschéckt hunn, an dass elo, wou mer kéinten zu enger Décisioun kommen, Dir net méi matspillt.

(Interruptions)

An et ass dat wat den Här Rippinger och do gesot huet.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Loosst mech ausschwätzen, da soen ech lech ganz genau wéi et war. De Fraktiounschef vun der DP huet gesot, si kéinte just nëmmen mam Saz „les femmes et les hommes sont égaux devant la loi“ d'accord sinn, an alles wat doriwwer géif eraus goen, do wäere si unanime der Meinung, an en huet eis nach d'Nimm vun de Fraen opgezielt, déi och domadder d'accord wäeren an der DP, all d'Deputéiert, déi hei sinn an och nach d'Ministeschten, se wäeren all där doter Meinung. An et géif fir si net a Fro kommen, datt eppes géif ageschriwwen ginn, wou de Stat géif en Opdrag kréie fir fir d'Egalité de fait ze suergen. An dat, Här President, huet einfach geheescht, datt den Artikel 11 vum Dësch war.

Ech muss soen, datt dat e relativ staarkt Stéck ass, well Dir hutt domadder eng méi wéi 180-Grad-Kéier geholl.

M. Jacques-Yves Henckes (ADP). - Eng ganz gutt Iddi vun der DP!

(Interruptions)

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Jo, Här President, den Här Schummer seet: Mir maachen.

Ech ka just feststellen, dass mer zënter zéng Joer...

(Interruptions)

...un deem Text geschafft hunn an dass Dir elo Waasser zitt. Dat ass de Punkt ëm deem et hei geet.

M. le Président. - Loosst d'Madame Wagener dach schwätzen, Här Henckes!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Ech wëll dozou just dräi Remarqué maachen. Eischstens freet ee sech, ob déi Partei, vun där mer dann elo hei schwätzen, selwer weess wat se wëllt.

Zweetens: Dat Argument, wat virbruecht ginn ass, et géif duergoen, wann ee just deem ee Saz aschreift. Et ass schonn 100-mol gesot ginn, dass dat falsch ass. Et gëtt och eng ganz Rei vu Beispiller, déi weisen, dass et net geet, wann ee keen esou Saz an der Verfassung huet.

Ech hu virdrun d'PAN-Gesetz zitiiert, dat konnt net an der ur-

sprüngelecher Versioun duergoen, well de Problem gewiescht wär vu spezifescher Förderung. An deem heite Gesetz hunn ech lech de Rapport vun der Tripartite zitiiert, wou datselwecht gesot gëtt. Et gëtt och international Beispiller um europäeschen Niveau, wou d'Prozesser gefouert gi sinn. Et brauch ee wierklech net nach eng Kéier bei null unzefänke mat deem do Thema. Mir wëssen all, wat eigentlech misst geschéien, an dofir verstinn ech och net, firwat dass Dir do déi Problemer hutt.

M. Xavier Bettel (DP). - Wat huet dat mat de PMEen ze dinn?

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Ganz vill, well mir schwätzen hei...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Här President, den Här Bettel freet wat dat hei mat de PMEen ze dinn huet. Ech hat virdru laang a breet erklärt, wat et domat ze dinn huet. Dir waart do vläicht net heibannen.

Et geet drëms, datt mer an enger ganzer Rei vun Domänen spezifesch Hëllefsmesuren huelen, mä an deem heiten Domän net, an dat wëll ech hei a Fro stellen. Well ech mengen, datt et wichteg wär, och an deem Domän eppes ze maachen.

Ech wollt just nach eng Kéier soen, dass déi do Virgehensweis fir eng Partei, wou awer ganz vill Affekoten dra sinn, dass déi Argumentatioun duerfir och fir mech ganz remarquabel ass.

An drëttens wollt ech soen, dass d'DP net nëmmen sech selwer lächerlech mécht virun de Fraen, mä datt Lëtzebuerg och um internationale Parquet elo ganz schlecht do steet. An dat gëllt net nëmmen fir den Thema „Fraen“, well den Artikel 11 huet jo och nach eng ganz Rei vun aneren Ënnerpunkten. Ech denken un d'Ëmwelt, ech denken un d'Rechter vun den Handicapéierten, un d'Streikrechter. Et sollt alles reforméiert ginn. Dat ass alles elo vum Dësch, well den Artikel 11 bleift wéi en ass, an dat warscheinlech leider nach eng ganz Zäit.

Här President, ech kéim zum véierten a leschte Punkt, an domat wëllt ech och op d'Motioun ze schwätzen kommen. Do geet et ëm d'Mutualitéiten. Et ass elo scho vu menge Virriedner am Detail erklärt ginn, wourëms datt et hei geet, nämlech dass d'Mutualitéite bis elo do ware fir de Betriber vun deenen eenzelne Secteure kënnen Garantien ze accordéieren fir Investissements, an deenen hir Cautionnementsfonge goufe bis elo iwwert déi aktuell Loi-cadre finanzéiert, wat an deemem Gesetz allerdéngs jo elo net méi virgesinn ass.

An hei huet sech also e Problem gestallt, well mat deemem Gesetz dat elo net méi geet, muss ee sech iwwerleeën, wéi eng aner Méiglechkeeten, datt et da kéint ginn, fir do awer e wichtege Aspekt widerhin ofzesécheren.

An der Kommissioun ass d'Proposition ugeklongen, dass jo dann déi Fraisen einfach kéinten iwwert de Statsbudget weider finanzéiert ginn. Dat ass eiser Meinung no net déi beschten Iddi. An ech denken, a meng Partei mengt dat och, datt ee besser sollt duerch en neit Gesetz en zentraliséiert Organ schaffen, wat déi Aufgab kéint iwwerhuelen, a voller Transparenz. Dat zum Beispill, dat ass jo an der Motioun och ugeschwat, kéint um Niveau vun der SNCI geschéien. Et kéint een och iwwer e Fonds de garantie nodenken. Op alle Fall ass déi Motioun esou oppen, datt ee kann dovun ausgoen, dass och dës Propositionen denkbar wäeren an der Ëmsetzung.

Op alle Fall géife mir insistéieren, dass keng Léisung gewielt gëtt, wou d'Mutualitéiten einfach géifen iwwert de Statsbudget weider finanzéiert ginn. An deem Sënn kënnen mer déi Motioun dann ën-

nerstëtzen, esou wéi mer och deem Projet de loi kënnen eisen Accord ginn.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Wagener. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Serge Urbany ageschriwwen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Merci. Dir Dammen an Dir Hären, et ass vill geschwat ginn hei iwwert de Wäert vum Mëttelstand an eiser Economie. Et muss een natierlech wësse wat ënnert dee Begrëff Mëttelstand fält. Als Mëttelbetriber gëlle Betriber bis zu 250 Beschäftegter, mat engem jährléche Chiffre d'affaires vu 40 Milliounen, dat heescht 1,6 Milliarden aler Lëtzebuerger Frangen. Esou hunn ech et weinstens am Gesetz gelies, Här Sauber, an als Kleng- a Mëttelbetriber...

(Interruption)

Dann erkläert mer et, wann ech gelift.

M. Marcel Sauber (*CSV*), *rapporteur*.- Am Gesetz steet dran, wat Mëttelbetriber sinn, also wat Mëttelstandsbetriber sinn. Dat sinn déi, déi eng Autorisation hu beim Ministre des Classes moyennes iwwert d'Gesetz vun '88. Dat Zweet ass, déi Kritären 250 a 50 Leit, déi bezéie sech op spezifesch Hëllef.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- D'accord, mä et gëtt awer am Allgemengen ugeholl, dass dat och da Kleng- a Mëttelbetriber sinn.

M. Marcel Sauber (*CSV*), *rapporteur*.- Déi gehéieren derzou, mä eis Definitiouen ass net déi communautär. Déi communautär Definitiou spillt just fir déi Hëlfe, déi op communautär Denger zougeschnidde sinn. Mä d'Definitiou vum Mëttelstand, dat sinn déi Betriber, déi ënnert d'Gesetz vun 1988 falen.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Dat sinn der dee Moment manner.

M. Marcel Sauber (*CSV*), *rapporteur*.- Dat sinn der méi. Also et si méi Betriber, déi ënnert d'Gesetz fale wéi ënnert d'Définition communautaire.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Vum Mëttelstand. Voilà!

An déi Definitiouen, déi de Statsminister a senger Ried zur Lag vun der Nation genannt huet, wou e vun - ech weess net méi wéi vill - 4.000 Betriber an 80.000 Beschäftegter geschwat huet, dat wäert dann déi Definitiouen si vum Mëttelstand au sens restreint.

(Interruptions)

M. Marcel Sauber (*CSV*), *rapporteur*.- Neen, Dir hutt näischt verstanen. Déi 4.000 wou de Statsminister dervu geschwat huet, dat sinn eleng d'Handwerksbetriber. An zwar déi, déi och iwwer 250 Leit beschäftegen. Dat sinn der awer eng 150 oder 200 Stéck.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- D'accord. Kënne mer eis dann eens ginn, wa mer soen, dass dat Gesetz hei, déi konkret Hëlfe, déi hei agefouert ginn, zoutreffen op déi Betriber, déi ech elo definéiert hunn: Mëttelbetriber, wieren da bis zu 250 Beschäftegter mat engem Chiffre d'affaires bis zu 1,6 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang d'Joer an als Klengbetriber géife gëllen - fir déi Moosnamen hei - Betriber mat bis zu 50 Beschäftegten a 7 Milliounen Chiffre d'affaires?

Viséiert sinn hei, souwäit ech weinstens erausgelies hunn aus deem Gesetz - ech sinn natierlech lo net esou en Expert doranner wéi den Här Sauber - och déi Betriber,

déi ekonomesch onofhängeg sinn, dat heescht déi, déi net vu gréisseren Betriber kontrolléiert ginn. An d'Kontroll géif dann dra bestoen, dass ee méi wéi 25% vun de Parten hätt an esou engem klengen oder mëttlere Betrib. Et géifen awer net als Kontroll ugesi ginn d'Participatiounen vu Risikokapitalgesellschaften oder vun Investitiounsfongen, wann se op d'Direktioun vun deem Betrib keen direkten Afloss hunn, oder awer Betriber, deenen hiert Kapital wäit gestreet ass.

Wat ech wëll domadder soen, dat ass, dass menger Aschätzung no, wann ech dat hei Gesetz kucken, dëst e Gesetz ass, dat eng Kategorie vu Betriber betrëfft, déi nun awer wäit iwwert déi klassesch Definitiou vum Mëttelstand erausginn, dat heescht kleng Handwerksbetriber, kleng Geschäfte, kleng Wiert oder Restaurateuren. Et ass wierklech e gréisseren Secteur vun den Entreprises hei be-traff. 14.000 Entreprises, hunn ech gelies, mat 130.000 Beschäftegter. Dat hutt Der, mengen ech, selwer an engem „Wort“-Interview viru kuerzem gesot. 40% vun der Inlandsbeschäftigung.

Et ass jo kloer, dass net déi kleng Handwerksleit 40% vun de Beschäftegten am Land beschäftegen. Et ass also e grouse Secteur dat hei. Eppes wat iwwert dee klas-sesche Mëttelstand erausgeet.

Meng Positioun zu deem heite Gesetz wëll ech an dräi Punkten opdeelen. Éischstens, mengen ech, beweist dat Gesetz hei, dass de Maart eleng net all Problemer léise kann. Ech fannen et iwwregens och bezeegnend, wann d'Chambre de Commerce, déi awer dofir bekannt ass fir um soziale Gebitt zum Beispill systematesch géint staat-lech Hëlfe virzegoen, hei formell géint d'Sträichung ass vun zwou Staatsinterventiounen oder Statsubventiounen, vun deenen d'Regierung mengt si wieren net méi mam europäesche Recht vereinbar wéi déi Mutualitéiten, déi virdrun hei genannt gi sinn.

Dee Secteur hei huet jo offensicht-lech eng ganz Partie vu wirtschaft-leche Schwieeregkeeten, soss géifen d'Auteurs vum Text net konkret schwätzen zum Beispill vun de Schwieeregkeete vun esou Betriber fir un d'Kreditteer um Banksecteur ze kommen. Ech ka mer et zum Deel esou erklären, dass de Finanzement haut an der Economie, wéi mer se haut kennen, vill geschitt iwwer esou Investitiounsfongen, déi jo och sollen am Gesetz berücksichtegt ginn, déi awer op en héije Rendement drängen a wou ee sech ka froen, ob déi awer zu enger nohalteger Entwécklung vun de Betriber am Land bäidroen. Déi awer vläicht éischter garan-téiert wier duerch aner Finanzie-rungsmëttelen, méi klassesch Finanzie-rungsmëttelen, wéi mer se kennen.

Wichtig, mengen ech, wier et op alle Fall gewiescht hei, fir eng ekono-mesch Analys ze maachen iwwert dee Secteur vun deem mer hei schwätzen, wou och vläicht géif derbäi erauskommen, wéi ofhängeg en am Fong geholl ass vu glo-bale Wirtschaftsentscheedungen, déi op anere Plaze geholl ginn, a wou och vläicht géif kloer ginn, dass déi richtig Géigner vum Mët-telständler, elo vläicht am enke Sënn gesinn, net hir eege Beschäf-tegt sinn, mä déi grouss wirtschaft-lech Mächten, déi an der Welt awer bestëmmen wou et laang geet mat der Economie.

Ech mengen et ass wichtig dat och emol hei ze betounen, vu datt ëmmer gesot gëtt, an och vläicht zu Recht, dass een de Mëttelstand muss ënnerstëtzen, an heiansdo gesot gëtt, dass d'Problemer vum Mëttelstand bei deenen ze vill héije soziale Kritären oder Standardë leien, déi et bei eis am Land hei gëtt. Ech kommen nach dorobber zrëck.

Zweetens, wat mech och hei ge-stéiert huet, ech hat dat och schonn hei gesot, wéi ech zur Lag

vun der Natioun geschwat hunn: An der offizieller Duerstellung - och an der Duerstellung vun Rapporteur, mä deem verzeihen ech et nach éischter - gëtt heiansdo esou gemaach wéi wann an de Mëttelstand oder wéi wann zu deem gan-ze Secteur vu Kleng- a Mëttelbetriber net déi Leit géifen och zielen, déi an deene Betriber schaffen. Et gëtt heiansdo esou duergestallt, wéi dann do Aarbechtsplaze ge-schafe ginn, net wéi wann do awer och Leit schaffen, déi duerch hir Aarbecht de Wuelstand, och vun deene Betriber an och vun den Inhaber vun deene Betriber, awer ga-rantéieren.

Ech mengen déi Optik stéiert ëm-sou méi, wann ee gesäit, dass awer vill vun deene Betriber ganz normal Kapitalgesellschaften sinn, an net méi déi klassesch Betriber, wou de Patron vum Betrib nach selwer mat Hand ugepaakt huet a selwer mat un deene Wäerter ge-schafft huet.

Ech mengen, dofir ass et wichtig, och am Zesummenhang mat esou engem Gesetz, hinweisen op d'Aarbechtsëmfeld vun deene Be-triiber. Mir haten déi Debatt zum Beispill, wéi mer iwwert d'Aar-bechtszäitverkürzungen am Hore-ca-Secteur diskutéiert hunn, wou jo vill méi spéit d'40-Stonne-Woch agefouert ginn ass, mat villen De-rogatiounen. 30 Joer nodeem se generaliséiert ginn ass an deenen anere Secteuren a wou gläichzäit-eg d'Méiglechkeet och vu Loun-kürzungen opgrond vun deem Ge-setz hei opgelooss ginn ass, wäh-rend awer déi Méiglechkeet ënner-sot ginn ass, wéi virun 30 Joer d'40-Stonne-Woch generaliséiert ginn ass. An ech bedauern et, dass leider aus deene Kreesser, vun deene mer hei schwätzen, dacks de Ruff kënn't no soziale Ver-schlechterungen.

Ech huelen einfach den Artikel, deen am „Lëtzebuerger Wort“ den 20. Oktober 2003 komm ass, wou de Positionspabeier vun der Confédération des Classes moyennes virgestallt ginn ass: „Wiederholt wurde gestern von den mittelständigen Arbeitgebern ihre Forderung nach Abschaffung der automatischen Lohnanpassung“. Ech wëll net verleegnen, dass et verschidde kleng Patronë gëtt, deenen et net vill besser geet wéi hire Salarieën, mä dat ass net de Fall fir déi meescht vun deene Be-triiber, vun deene mir hei schwätzen.

An ech sinn och der Meenung, dass ekonomesch Problemer solle spezifesch geléist ginn, zum Bei-spill iwwer Hëlfe, net awer iwwer eng Verschlechterung vum Statut vun de Beschäftegten an deene Betriber. Ech fannen, dass et wich-teg ass, dass dat ganzt Salarat am Land en eegene Statut huet, an dat ass nëmmen iwwer Sozialgesetz-er ze erreechen. Et ass manner ze er-reechen iwwer Kollektivverträge, a jo grad an dem Secteur Horeca hu mer gesinn, dass e Gesetz nout-wendeg war, soss wier do iwwer-haapt näischt erreecht ginn.

Et muss een och wësse wéi et an Zukunft weidergeet mam Statut vun de Beschäftegten an deene Be-triiber. Ech liesen zum Beispill den CSV-Wahlprogramm, do ass ee Ka-pitel iwwertitelt: D'Aarbechtsrecht verstärkt op mëttelstänneg Be-triiber zouschneideren. An do steet zum Beispill folgende Saz: „Im Rahmen der spätestens 2007 vor-gesehenen Überprüfung des nation-alen Beschäftigungsplanes wer-den wir die praktische Anwendung von Überstundenregelungen und Arbeitszeiten in kleineren Betrie-ben besonders unter die Lupe neh-men.“ An ënnert dem Kapitel Mët-telstand liesen ech weider: „Die Lohnkosten dürfen nicht steigen, wenn Luxemburg in dieser Hinsicht konkurrenzfähig sein soll.“ An

d'Lohnnebenkosten sinn effektiv och Lohnkosten, mä ech hunn awer keng Zäit elo op déi Proble-matik anzegoen.

M. le Président.- Här Urbany, Dir hutt ganz Recht, dass Der net méi vill Zäit hutt, well Är Zäit ass geschwënn ofgelaf.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Ech gesinn de Compteur, mä si ass awer och ofgelaf well den Här Sauber mer elo nach eng Defi-nitioun ginn huet vun de Betriber. Ech mengen, do mussen awer op d'mannst zwou Minutten dobäi-kommen, well esou laang huet deen Intermezzo gedauert.

Et muss een och ganz hellhöreg sinn, wann een esou Téin héiert aus dem Secteur an och aus der Haaptregierungspartei, an esou Aussoen, mengen ech, sinn hei-ansdo méi verbindlech wéi wann de Statsminister hei e marxsche Sproch vum Stapel léisst andeem e seet, d'Kapital dierf net Meesch-ter hei am Land ginn. Dat ass kon-kret Politik, déi sech an esou Aus-soen an an esou Programmer erëmspigelt.

Drëttens mengen ech, dass de Mëttelstand eleng net an der Lag ass all Besoinen hei am Land ze erfüllen. Et gëtt oft gesot: Wat wie-ren eis Dierfer a Stied ouni de Mët-telstand, ouni déi kleng Betriber? Dat ass och richtig, an trotzdeem feelt et iwwerall no bei de Leit, an den Dierfer, an de Quartieren un Déngschtleeschungen, un Hand-wierker, u Geschäfte an esou wei-der. D'Leit mussen den Auto huele fir an de Supermarché ze fueren. Dat ass och IVL konkret, an d'Fro stellt sech, wéi mer et fäerdeg brénge méi Déngschtleeschun-gen a méi Angeboter an d'Uert-schafte selwer eran ze kréien.

Dacks ass et jo esou, dass kleng mëttelstänneg Betriber net méi kënne mathale mat deem wirt-schaftlechen Ëmfeld wat besteet, a wat vu groussen alimentairé Chaî-nen determinéiert gëtt, an dat geet wäit iwwert d'Problemer vu Bank-kreditteer eraus, iwwert déi hei Rieds war.

Doniewent gëtt et awer dausende vu Leit, dorënner och vill qualifi-zéiert Leit zu Lëtzebuerg, déi keng Aarbecht hunn, déi awer eng inter-essant a valoriséierend Aarbecht sichen, wou se sech och kënnen abréngen, an ech mengen, do misst déi Innovationen geschéien, déi hei och erwäht ginn ass bei der „Lage der Nation“.

Déi Efforten, fir eng Innovation zu maachen, grad op deem Gebitt, fir nei Zorte vu Betriber och entstoen ze loossen, mat staatlecher Hëllef, ouni dass et staatlech Betriber sinn, zum Beispill andeem een ausgeet vun den Erfahrungs-vun der Economie solidaire, déi sech kënn't zu engem wierkleche Wirt-schaftszweig entwéckelen an hël-lefen a ganz aktiv Aarbecht a wich-teg Aarbecht leeschten, bei der Renovéierung vu Wunnengen, bei Geschäfte a Quartieren, bei sozia-len Infrastrukturen, an esou weider. Ech fannen, dora läit eng reell Perspektiv, an ech fannen dat dierft een net a Konkurrenz gesinn zu de mëttelstänneg Betriber.

Ech fannen iwwregens och fir déi mëttelstänneg Betriber, Här Minis-ter, dass ee sech do nach vill méi Hëlfe kënn't virstellen, wéi déi, déi an deem Gesetz hei stinn, Hëlfe fir konkret Projeten ze entwéckelen, zum Beispill mat héichwäertegen sozial gutt ofgesécherten Aar-bechtsplazen, am-plaz ëmmer vu Verschlechterung vun den Aar-bechtsbedéngungen a vun de Lounbedéngungen ze schwätzen.

Ech wëll awer soen, ech stëmmen dat Gesetz hei trotzdeem, well ech näischt dogéint hunn, mä éischter aner Leit Schwieeregkeeten domad-der hunn an a Widdersproch mat sech selwer kommen, wa se op där enger Säit virun ze vill Stat warnen, de Stat hält iwwerhand, ze vill Bürokratie, de Stat hëllef't ze vill op sozialem Plang, an op där anerer Säit

awer frou sinn, wa se esou staat-lech Hëlfe wéi déi heite kënnen an Usproch huelen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Här Mëttelstandsmi-nister Fernand Boden, wann ech gelift.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Touris-me et du Logement*.- Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess, dass et scho spéit ass, an dass d'Deputéiert och nach aner Verpflichtungen hunn. Ech wëll mech dofir esou kuerz wéi méig-lech halen. Ech wëll zwar nach eng Kéier ënnersträiche wat hei prak-tesch jidderee gesot huet, dass mer e Gesetz stëmmen, wat eng ganz grouss Wichtigkeet huet fir de ganze Mëttelstand, wat Akzen-tsetz an de Kleng- a Mëttelbetriber et erméiglecht fir sech der technescher a wirtschaftlecher Ent-wécklung unzupassen, fir méi kon-kurrenzfähig ze ginn, an dofir nach weider Aarbechtsplazen ze scha-fen.

Mir kréie mat dësem Gesetz eng ganz performant Förderungsstruk-tur, fir e ganz wichtige Secteur vun eiser Wirtschaft, a praktesch jid-dereen, deen hei geschwat huet, huet op d'Wichtigkeet vun dem Mëttelstand higewisen. Ech wëll och dat nach eng Kéier ervirsträi-chen. De Mëttelstand, huet ganz vill Aarbechtsplaze geschafft an enger schwächerer Zäit, während op anere Plazen Aarbechtsplazen ofgebaut gi sinn.

Ech wëll och dem Här Urbany soen, dass ech der Meenung sinn, dass besonnesch a Kleng- a Mët-telbetriber d'Relatioun tëschent dem Patron a senger Beschäftegten eng ganz familiär ass, an datt do ganz oft en Teamwork besteet, wou ee fir deen aneren aspréngt. Kleng Betriber mussen heiansdo de Commanden no schaffen, déi mus-se vläicht e bëssen aner Aar-bechtszäite mat a Kaf huelen, wéi dat grouss Betriber kënne maa-chen, besonnesch bei Saison ofhängegen a bei Déngschtleeschung ofhängegen Aktivitéite muss méi flexibel geschafft ginn.

Ech mengen awer schonn, dass d'Verhältnis tëschent dem Patron a sengen Aarbechter e ganzt gutt ass, a wann d'CSV zum Beispill an hirem Wahlprogramm seet, et misst ee gewësse Saache reexaminéie-ren, wat besonnesch deene klenge Betriber Problemer bréngt, dann ass dat net fir sozialen Ofbau ze maachen, mä fir just dofir ze suer-gen, dass déi kleng Betriber och weiderhi nach kënnen Leit stellen, Leit beschäftegt halen, dass mer net do och nach mussen Ofbau vun Aarbechtsplaze kréien.

Ech menge schonn, dass de Mët-telstand an déi kleng Betriber virun allem dofir suergen, dass mer e ganz grousst Netz hu vu flexible Betriber, déi besonnesch an enger schwächerer Zäit matgehollef hunn d'Wirtschaft erëm e bëssen unze-kuerbelen, an déi och wesentlech zu der Liewensqualitéit an alle Géi-gende vum Land bäidroen.

Mir hunn och dofir gesuergt, dass déi mëttelstänneg Betriber sollen an der Regierung een hunn, dee sech e bësse méi spezifesch ëm hir Problemer bekëmmert, dee mat de Kolleegen zesumme versicht, fir Aktiounen ze starten am Intérêt vun dese Betriber, an dofir hu mir jo och en Aktionsprogramm gemaach, wou d'ganz Regierung mat age-bonnen ass. Déijéineg, déi sech d'Méi gemaach hu fir ze kucke wat do als Aktiounen virgesinn sinn, a wat gemaach ginn ass, konnte feststellen, dass den Aktionspro-gramm Punkt fir Punkt um Wee ass ëmgesat ze ginn, och wa vläicht dat eent oder dat anert Gesetzt e bësse méi spéit koum. Mä mir woll-te bei wichtige Gesetzter ganz vir-sichteg an am gréisstméigleche Konsens mat de Concernéierte vir-goen. All eis Aktiounen sollen dorop-hi steieren, fir och an Zukunft e

konkurrenzfähigt an e staarkt Netz vu mëttelstännegge Betriber iwwert d'ganz Land ze behalen.

An dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, ass e wichtige Meilesteen an deem ganzen Netz vun Aktiounen fir de Mëttelstand. Mir wëlle jo versichen e gënschtegt steierlecht, wirtschaftlecht a sozialt Ëmfeld ze schafen, an do ass natierlech d'Loi-cadre-Gesetz ee vun de wichtige Elementer dovun.

Et ass hei gesot ginn, dat eent oder dat anert vum Aktionsprogramm wär net esou richteg ëmgësat ginn, et ass op administrativ Problemer higewise ginn, wou ech awer muss soen, dass eng Rei vu Moossnamen ergraff gi sinn, mä den Här Statsminister huet och a senger Ried gesot - den Här Henckes huet erëischt bei deem Passage drënner ugefaangen ze zitëieren -, dass och vun der EU aus ëmmer nei Réglementatiounen kommen, déi hei mussen ëmgësat ginn. Dat bréngt méi Paperasserië mat sech. Op där anerer Säit sinn der awer ganz vill ofgebaut ginn.

Mir sinn op deem richtige Wee fir dat ze maachen, mir hu Grondlage gesat, fir datt iwwerhaupt administrativ Hürde kënnen ofgebaut ginn iwwer d'Gesetz, datt Verwaltungen kënnen Donnéeën échangéieren. Mir sinn amgaangen den eGovernment - vläicht geet et ze lues, do sinn ech d'accord domadder - opzebauen. Wann dat bis do ass, da geet dat alles méi einfach, a mir hunn och e Gesetz gemaach iwwert de Registre de Commerce. Et soll eng Centrale des bilans gemaach ginn, e Plan comptable harmonisé. Wann dat richteg fonctionnéiert - an do si jo awer d'Berufschambrë mat engagéiert -, da gëtt schoonn e groussen Ofbau vun administrativer Aarbecht gemaach; sou dass do awer och munches realiséiert ginn ass.

Mir hunn um steierleche Plang virun allem awer derfir gesuergt, fir souwuel de Stéit, wéi och de Betriber selwer, ganz grouss Steierermüchtereunge ze ginn, fir dass se kompetitiv sinn. An ech mengen, datt et hei am Mëttelstand trotz allem gutt gelaf ass, an dat ass well eben d'Kafkraaft vun de Lëtzebuerger méi héich ass wéi am Ausland an hei vill konsuméiert ginn ass. Och den Handel huet an de schwierigen Zäite permanent bäigeluecht an et gesäit ee jo, datt am Handwerk an am Handel immens vill Aarbechtsplaze geschaf gi sinn; dat ass net vum selwe gaangen.

Ech wëll och nach eng Kéier soen, datt d'Lounniewekäschten e wichtige Element vun der Konkurrenzfähigkeit vun alle Lëtzebuerger Betriber sinn, mä och, a besonnesch, vun deene kleng Betriber, déi besonnesch vill Konkurrenz aus der Groussregioun hunn an datt mer also och a Zukunft mussen derfir suergen, d'Lounniewekäschten net ze vill an d'Luucht ze hiewen.

Wa mer dat misste maachen, géifen d'Konkurrenzfähigkeit vun de Lëtzebuerger Betriber an och vum Standuert Lëtzebuerg verschlechtert ginn an dat wëlle mer net, well ech mengen, dass insgesamt d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Wirtschaft an de leschte Joren net besser ginn ass, besonnesch an de groussen industrielle Betriber. An deenen anere konnt et e bësse besser lafen, well de Stat ganz héich Investitionsausgabe gemaach huet, wou och déi mëttelstänneg Betriber staark dervu profitéiert hunn. An dat Gesetz, dat mer iwwert d'Marchés publics gemaach hunn, erméiglecht jo de Kleng- a Mëttelbetriber am Handwerk, fir do méi oft un Opdrag ze kommen, wéi dat virun de Fall war.

De Lucien Clement hat iwwert d'Gewerbezonë geschwat. Effektiv muss ee kucken, fir ëmmer nach weiderzefueren, datt mer an alle Géigende vum Land regional Gewerbezonë schafen, datt déi kleng Betriber sech och do kënnen néieren

loossen an datt se an alle Géigende vum Land implantéiert sinn. An ech sinn och der Meinung, datt mer de Plan sectoriel „Gewerbezonnen“, dee jo am Kader vum IVL oder am Kader vum Aménagement du territoire virgesinn ass, solle méiglechst schnell maachen an datt och gezielt versicht gëtt an alle Géigende vum Land esou Gewerbezonnen auszuweisen.

Ech muss zwar soen, an der leschter Zäit sinn der eng ganz Partie gemaach ginn a wann ech elo den Osten kucken, deen ech gutt kennen, sinn an all deenen dräi Kantone regional Gewerbezonë geschaf ginn an ech mengen dat mécht sech plus ou moins am ganze Land. Mä et gëtt eng gewësse Form vu Betriber, déi nach net richtig hir Plaz dorëmmer fannen a fir déi mussen mer ganz sécher nach déi eng oder aner Zone schafen.

Mä, wéi gesot, mir sinn elo hei bei der Reform vum Loi-cadre-Gesetz an ech wëll net ze vill an d'Detailer agoen, ech wëll just emol éischten der Kommissioun merci soen. Et war wirklech eng Kommissioun, wou ganz intensiv, gutt an och fachmännesch an objektiv, heiansdo och kritesch, iwwert dës ganz Problematik diskutéiert ginn ass. Ech mengen et ass versicht ginn, fir hei iwwer Diskussiounen a Sugestiounen e Gesetz ze kréien, wat dem Mëttelstand weiderhëlft a seng Konkurrenzfähigkeit verbessert. Mir haten natierlech och d'Chance - wéi et scho gesot ginn ass - e President an der Kommissioun ze hunn, deen d'Woge glätt, wa se mol méi heich ginn an dee vill Engagement weist, well e jo och aus fréierer Aktivitéit Erfahrung an deem Secteur huet, fir mat ze hëllefen, datt mer gutt Gesetzer fir de Mëttelstand maachen.

Et ass jo nach en anert Gesetz ënnerwee - dat ass och gesot ginn - iwwert den Droit d'établissement, an ech hoffen, datt mer dat nach an där leschter Woch hei gestëmmt kréien. Och dat ass e wesentlecht Gesetz, fir de Mëttelstand nach méi konkurrenzfähig ze maachen. An da soen ech natierlech och, wéi Dir alleguer, huet Marcel Sauber merci. Hien huet seng Aarbecht wirklech am Detail gemaach. Hie kennt déi ganz Matière och aus senger beruflecher Erfahrung an en huet mat dozou bäigedroen, datt mer hei finalement e Gesetz kréien, dat de Lëtzebuerger Betriber wirklech hëlft a wou och eng ganz Rei vu wesentlechen Neierungen gemaach gi sinn.

Den Här Henckes huet gemengt, et wier nëmmen e bësse Gekreems gemaach ginn. Neen, et si ganz villschichtig Neierungen komm an et sinn net nëmmen d'EU-Direktiven, déi hei ëmgësat gi sinn, mä et sinn eng ganz Rei vun Extraregimen, déi mol guer net an EU-Bestëmmunge virgesi sinn, wéi de premier investissement, dee mer jo ganz staark förderen, wéi och de Regime vun der Sécurité alimentaire, deen och e speziellen, spezifische Regime ass, dee mer hei zu Lëtzebuerg maachen, an dat ass zum Deel och komm, well d'Liewensmittelsécherheet europawäit eng Prioritéit ginn ass, awer och fir d'Lëtzebuerger Regierung.

Mir wëllen de Betriber hëllefen, datt se sech hei kënnen fit maachen, wat d'Liewensmittelsécherheet ubelaangt. Déi Investitiounen, déi dermat verbonne sinn, si ganz héich a mir wëllen se iwwer héich Investitionsbäihëllefen encouragéieren, datt se do topfit sinn, datt se méi maache wéi dat, wat onbedéngt néideg ass, fir datt mer och do, wéi gesot, en Atout hunn, fir eis gutt regional Qualitätsprodukter nach besser kënnen ze vermaarten, wéi dat bis elo de Fall war.

Also, et si wesentlech Neierungen am Gesetz virgesinn. Et sinn och Neierungen do, wat déi Betriber ubelaangt, déi dervu kënnen profitéieren: och alleguer déi Professions libérales, déi vum Mëttelstandsminister eng Autorisatioun brauchen, kënnen elo Bähëllefe

kréien. Hei maache mer e Gesetz iwwert de Mëttelstand, kee Gesetz iwwert d'Santé. Wann an der Santé eppes gemaach gëtt fir d'Dokteren, da sot Der jo och net: Datselwecht muss gemaach gi fir jiddfer liberale Beruff hei am ganze Land.

Dat hei ass e Gesetz, wat fir déi liberal Beruffer gëllt, déi vun dem Mëttelstandsminister eng Autorisatioun kréien, fir datt och si an Zukunft kënnen gehollef kréien, well och do d'Investitiounen ëmmer méi grouss gi sinn. An da versiche mer jo, niewent de materiellen Investitiounen och déi immateriell Investitiounen, déi fir innovativ Klengbetriber ëmmer méi wichtig ginn, wéi zum Beispill Lizenzen, Brevet, Know-how, deen net brevetéiert ass, ze förderen, fir datt se sech déi och kënnen uneegnen. Dat si wesentlech Neierungen, déi ech elo kuerz ernimmt hunn.

Et ass och schoonn op de Mérite vun deem ale Gesetz higewise ginn. Dat ass jo all fënnf Joer ernéiert ginn an déi Kommissioun, déi sech domadder befaasst huet, huet jo och déi eng oder aner Modalitéiten am Laf vun der Zäit verännert; et ass also adaptéiert ginn. Et ass mat Recht drop higewise ginn, datt dat Gesetz vun 1968 d'Betriber net an hirer Investitionsfreedegkeet gehemmt a gebremst huet. Am Contraire, déi Zuelen, déi hei genannt gi sinn, déi weisen, datt mer hei e Secteur hunn, dee risikofreedeg war, dee vill investéiert huet, deen - wéi de Rapporteur gesot huet - gestotzt huet vun Dynamismus - dat mécht dem Néckel hei jo sécher ganz vill Freed -, deen un d'Zukunft gegleeft huet an ech mengen datt ass wichtig a richteg a mir sollen och weider versiche fir se doranner ze encouragéieren.

A wann ech nëmmen eleng d'Zuele vun 2003 huelen - ech wëll déi awer nach eng Kéier hei ernimmen - an enger Zäit, wou d'Wirtschaft manner gutt gedréint huet, wéi dat virun de Fall war, hunn déi Kleng- a Mëttelbetriber 185 Milliounen Euro investéiert; dat seet vläicht net esou vill aus, wéi déi 7,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang, déi de Marcel Sauber genannt huet, mä dat sinn awer immens vill Suen. Dovunner huet d'Handwerk 100 Milliounen Euro investéiert, den Handel 61 Milliounen Euro an den Horeca-Bereich 24 Milliounen Euro. Et gesäit een also, datt do wirklech vill beweegt ginn ass, datt se un d'Zukunft gegleeft hunn an iwwert déi Investitiounen hir Konkurrenzfähigkeit verbessert hunn an och doduerch erméiglecht konnte kréien, fir der Konkurrenz aus der Groussregioun standzehalen, weider Aarbechtsplazen ze schafen an och zolidd do ze stoen.

Wéi gesot, dëst Gesetz verstärkt dat nach, well mer hei gezielt Investitiounen méi staark subventionéieren a Richtungen, déi mer gär hätten. Wéi eng Richtungen hätte mer gär? Mir hätte gär, datt d'Qualitéit soll hei am Land Tromp sinn an dofir hu mer de Regime vun deenen Investitiounen, déi energiespuerend sinn, a wou ganz héich Subventiounen virgesi sinn. An dat misst jo besonnesch déi Gréng hei freeën, well ech mengen, dat Wesentlecht, wat mer mussen maachen, dat ass fir iwwerall Energie ze spueren, esou gutt wéi et nëmme geet.

Déi Leit, déi hei an energiespuerend Moossnamen investéieren, kréien a Form vu ganz héije Subventiounen gehollef an déi Betriber, déi innovativ sinn, déi an d'Recherche an an d'Entwécklung investéieren, kréien och ganz vill gehollef - an do wëll ech dem Här Henckes soen, datt...

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Här Minister, ech wëll just derbäi soen, datt Är Regierung

och scho vun Ökotaxë geschwat huet, et ass net, dass dat eppes wär, wou Dir prinzipiell mat Är Regierung dergéint wiert. Et komme just keng.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Also, an deem Gesetz maache mer e wichtige Schrëtt fir all déi ze encouragéieren, déi energiespuerend Moossnamen ergräifen. Déi kréien hei gehollef wa se investéieren a si ginn encouragéiert, fir an déi Richtung do ze investéieren.

Ech war elo bei der Recherche, der Entwécklung an der Innovatioun an do huet den Här Henckes gesot, do géif net vill hei am Land gemaach ginn. Do gëtt scho ganz vill gemaach. An deem Gesetz ass och munches virgesinn an ech wëilt en do op d'Reglement verweisen wat bei dem Gesetzesprojet bälouch.

Ech hat nämlech net nëmmen e Gesetzestext, mä och sechs Règlementstexter derbäi hei déposéiert an ee vun deene Règlementstexter ass just ëm d'Recherche, den Développement an d'Innovatioun gaangen an do steet am Artikel 7 ënnert b) alles, wat un Investissementen an Dépenses éligibel ass: „les dépenses de personnel - chercheurs, techniciens, auxiliaires - y compris un montant représentant la contrepartie des charges sociales à payer par l'entreprise, celui-ci pouvant être déterminé forfaitairement par décision des ministres compétents.“

Also et ass méi dran, wéi den Här Henckes gemengt huet, hei gëtt schoonn en Effort fir d'Betriber gemaach, fir datt se dat kënnen maachen - a besonnesch kleng Betriber hu jo Problemer fir an der Recherche oder der Innovatioun tätég ze sinn - an do kréie se ganz staark gehollef. Hei hu mer also e Regime gemaach, dee ganz favorabel ass an deen dat ausreicht, wat d'Europäesch Gemeinschaft do iwwerhaupt zouléist.

Dann ass natierlech vun de Mutualitéite geschwat ginn. Et ass bedauert ginn, datt d'Mutualitéiten net méi kënten ënnert d'Loi-cadre-Gesetz falen, well dat net konform ass mat den europäesche Réglementatiounen an Direktiven an et ass och drop higewise ginn, datt d'Europäesch Kommissioun am Fong eng zweegleiseg Schinn do firt.

Déi eng soen, ma et muss ee kucken fir de Betriber, besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber kënnen ze hëllefen iwwer Cautionnement, an déi aner soen, dat ass eng staatlech Garantie, déi ass verbueden, dat ass Concurrence déloyale. Mir wäerte kucken a verfolge, wat elo an der Kommissioun finalement gemaach gëtt, an dann och reagéieren, wéi ech dat versprach hunn. Also, ech kann déi entsprechend Motioun hei akzeptéieren, ech menge schoonn, dass mer sollen oppassen, dass d'Mutualitéite kënnen weider hir Roll spillen. Ech muss zwar soen, dass mer se am Laf vun der Zäit esou mat Kapital dotéiert hunn, dass se bis elo nach keng Schwierigkeiten hatten an dass si och selwer vläicht souguer heiansdo ze vill virsichteg gehandelt hunn.

Et muss ee sécher oppassen, fir all onnëtz Risiko ze vermeiden, mä vläicht mussen se e bësse méi risikofreedeg ginn, an ech mengen, datt soll net un de Sue scheitern. Do ass nach munches méiglech. Ech verstinn, dass wann een eppes net méi kritt wat ee virun hat, dat ee vläicht e bëssen onzufriede mécht, mä op jidde Fall sinn an deem Gesetz eng ganz Rei vun Akzenter gesat ginn, déi mengen och missten de Kleng- a Mëttelbetriber hëllefen no vir ze kucken, méi kompetitiv ze ginn an och hire Match kënnen weider ze maachen.

Ech hunn ee Regime nach net genannt, dat ass dee vun dem premier investissement, wou also jonk

Leit, déi e Betrib iwwerhuelen oder en éischte Betrib opmaachen, 10% weider Bähëllefe kréie wéi all déi aner. Do geet et a sech drëm, fir jonk Leit ze encouragéieren, de Schrëtt an d'Selbststännegkeet ze maachen, fir dee Wee ze goen, an et soll net um Feele vum néidege Kapital hängen, fir kënnen e gudden Projet ëmzesetzen. Do hu mer schoonn immens villen gemaach. Schoonn an deem ale Gesetz hu mer ganz vill Bähëllefe ginn. Dëst Gesetz verstärkt dat nach souguer e bëssen. Ech wëll och drun erënneren, dass mer e Prêt au démarrage geschafen hunn, zesumme mat der SNCI, wou jonk Leit kënnen gehollef kréien mat engem Prêt vu 40% vum Invest, ouni reell Garantie virweisen ze mussen.

Ech hunn och e Beispill hei, an ech wëll zum Schluss ganz kuerz nach eng Kéier soen, wat am Fong Leit haut kënnen kréien, déi wëllen investéieren. E jonke Kär, deen also wëllt eng Investitioun maache vun enger Millioun Euro - dat ass vläicht héich, mä haut ass e Betrib iwwerhuelen oder en eegene Betrib opmaache mat héijen Dépenses verbonden -, dee kritt am Prinzip elo, wann en normal Investitioun mécht, 15 plus 10%, 25% Bähëllefen, wann dat e Metzler-, Bäcker- oder en anerem Handwerksbetrieb ass. E kritt also 25% vun der Investitioun vun enger Millioun Euro, dat mécht 250.000 Euro aus. An da kann en, mir schaffe jo wéi fréier mat der SNCI zesummen, dofir e Crédit d'équipement ufroen. Hie kritt 75% vun deem wat e muss investéieren als Crédit d'équipement. Dat sinn also vun där Millioun 750.000 Euro.

Dat rechne mir ganz gënschteg ëm als eng Bähëllef, eng Bähëllef vun nëmme 75.000 Euro. Dat heescht en huet nach zegutt 250.000 minus 75.000, also 175.000 Euro, déi kritt en als Kapitalbähëllef. Also 175.000 Euro kritt en als Kapitalbähëllef plus déi 75.000 Euro, déi e geléint kritt, dat heescht en huet 925.000 Euro vun där Millioun, déi e muss investéieren, dat heescht 92,5% vun Invest kritt en. E muss also am Prinzip 7,5% vun där Millioun Euro selwer opbréngen. A wann do d'Mutualitéiten nach eventuell géifen hëllefen, sinn do och nach weider Méiglechkeeten.

Wann en elo nach muss kompletentär Investitiounen oder soss Dépenses maachen, déi net ofgedeckt si vun deenen heiten Dépenses, déi hei net éligibel sinn, da kann en nach e Prêt au démarrage maachen. An do kann e wéi gesot bis zu 40% vum Coût gehollef kréien, wann en nach weider investéiert. Loosse mer unhuelen, e misst nach eng Kéier 75.000 Euro investéieren an 100.000 Euro bräicht en an der Trésorerie als Fonds de roulement, e bräicht also nach zousätzlech zu där Millioun, déi e scho gebraucht huet weider 175.000 Euro, da kann en de Prêt de démarrage vu 40% kréien. E brauch da praktesch nëmme 7% Fonds propres fir déi 175.000 Euro finanziert ze kréien. Also et brauch ee fir 1.175.000 Euro Kapital, dat een néideg huet, am Prinzip 87.250 Euro, dat si 7,4% Fonds propres. Wéi gesot, mir sinn hei scho ganz...

M. le Président. - Här Minister wann ech gelift, erlaabt Der, dass den Här Sauber lech nach eng Fro stellt?

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Jo.

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur. - Här Minister, entschëllegt, et ass keng Fro, mä ech mengen dat Beispill ass esou eloquent, dass een awer vläicht nach eng aner Hëllef misst dobäi soen, déi och wichtig ass, nämlech d'Aide fiscale à l'investissement. Deemno wéi een dat kuckt, mécht dat och nach eng Kéier 10 bis 15% vun deem Ganzen aus. Eng zweet Bemierkung: Et dierf een net vergies-

sen, dass d'Prëten awer mussen erëmbezueelt ginn. Net dass een elo mengt, et wär alles geschenkt.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*. - Dat wësse mer. Et ass och u Konditioune gebonnen, et muss e Projet sinn, dee gutt ass. Also et ass net, dass jiddferen einfach dat kritt well e seet, hei, ech wëll gären déi Sue kréien. Dat heescht, d'Banke passen och dobäi op.

Mä ech wollt just soe wat prinzipiell méiglech ass, wann een, deen eng gutt Formatioun huet, deen e gudde Projet huet, wat en awer kann haut maache mat deene Bähëllef, déi mer elo hunn. Ech menge schonn, dass mer do ganz gutt Instrumenter hunn, wat méiglech misst maachen, dass jonk Leit, déi wëllen e Betrib grënnen, dat kënnen maachen, och aner bestehend Betriber, déi sech wëlle moderniséieren, sech ausbauen, dass déi dat och kennen duerch dëst Gesetz op eng gutt Aart a Weis maachen. An dass mer méi geziilt kënnen souguer méi staark Bähëllef ginn, wéi dat virdrun de Fall war.

Ech soen nach eng Kéier merci fir dee breede Secours hei fir dëst Gesetz. Et gëtt jo eestëmmeg gestëmmt, wann ech dat elo gutt gehéiert hunn. Also merci fir dat wat Dir do maacht fir de Mëttelstand ze stäerken, well ech mengen, wéi bal jiddferen heibanne seet, mir brauchen och hei zu Lëtzebuerg e ganz staarke Mëttelstand. Mir hu schonn e staarke Mëttelstand an e soll och weiderhin esou staark bleiwen.

M. le Président. - Merci, Här Minister. Domat wär d'Diskussioun elo ofgeschloss. D'Lecture vun den

Artikelen an de Vote vun dësem Projet a vun der Motioun sinn déi nächst Woch.

Da géif ech lech och nach den Ordre du jour virliese fir déi nächst Woch. Wat d'Presidentekonferenz proposéiert, dat ass en Dënschdegmëtteg, den 11. Mee, e Mëtwoch, den 12. Mee, moies an nomëttes, en Donneschdeg, den 13. Mee, och moies an nomëttes.

Um Ordre du jour stinn en Dënschdeg:

1. d'Projets de loi 4816, 4824, 5288 an 5289.

(Interruption)

Ma jo, ech kommen elo dozou!

Dat si Konventiounen mat der Belsch, nom Modell 1;

2. de Projet de loi 5301 ass een Ofkommes tëschent der Union économique belgo-luxembourgeoise mat Drëttlänner iwwert de Schutz vun den Investissementer, nom Basismodell;

3. de Projet de loi 5126, eng international Konventioun géint d'Rassendiskriminéierung, och nom Basismodell;

4. de Projet de loi 5177, eng Konventioun iwwert d'Ernährungshëllef, nom Basismodell;

5. de Projet de loi 5268 iwwert d'Schafung vun engem Fonds d'urbanisation et d'aménagement vum Kierchbierg, nom Modell 1;

6. de Projet de loi 5315 iwwert d'Société des Foires internationales de Luxembourg, och nom Modell 1;

7. de Projet de loi 5256 iwwert d'Zirkulatioun op den öffentliche Stroossen, nom Modell 1;

8. de Projet de loi 5159 iwwert déi nohalteg Entwécklung, nom Modell 1 an

9. d'Naturalisatiounen.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - E Mëtwoch de Moie stinn um Ordre du jour:

1. de Projet de loi 4946 zesumme mat de Proposition-de-loien 4162 an 4110 iwwert d'Partnerschaften, nom Modell 2;

2. de Projet de loi 5313 iwwert d'BERD, nom Modell 1;

3. de Projet de loi 5201 iwwert de Capital à risque, nom Modell 1;

4. d'Proposition de loi 4754 iwwert d'Revisioun vu verschiddene Verfassungsartikelen, nom Modell 1;

5. den zweete Vote constitutionnel vum Revisiounsvorschlag 5047 a 5039 vun den Artikelen 63 a 65 vun der Verfassung, nom Basismodell.

E Mëtwoch de Mëtteg:

1. de Projet de loi 5092 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën, Modell 2;

2. de Projet de loi 5213 iwwert d'Justice de Paix, Modell 1;

3. de Projet de loi 5232 iwwert d'Akommessteier, nom Basismodell;

4. de Projet de loi 5113 iwwert de Conseil économique et social, Modell 1.

An dann hu mer nach en Donneschdeg de Moien:

1. den zweete Vote constitutionnel vum Revisiounsvorschlag 3924 iwwert den Artikel 24 vun der Verfassung an de Projet de loi 4910 iwwert d'Pressegesetz, nom Modell dräi an

2. d'Konsultatiounsdebatt iwwert d'Mobilophonie, nom Modell 2.

Dann en Donneschdeg de Mëtteg:

1. den zweete Vote constitutionnel vum Projet de loi 4998 iwwert d'Waasseramt, zesumme mat der Interpellatioun vum Här Alex Bodry iwwert d'Waasserpolitik, nom Modell 2;

2. d'Proposition de loi 5317 iwwert d'Wahlgesetz, nom Basismodell;

3. de Projet de loi 4486 iwwert den Aménagement communal, nom Modell 2 a;

4. de Projet de loi 5319 iwwert d'Gebai fir d'Polizei zu Gréiwemaacher.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann huelen ech un, wa se all hei sinn, si se och domat averstanen. Dann ass et esou décidéiert.

(Hilarité)

Domat wär d'Sitzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.29 heures)

Sommaire des séances publiques

5266 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire des projets de construction autorisés par 1) la loi du 29 juillet 1993 relative au réaménagement du complexe Abbaye de Neumünster en un Centre Culturel de Rencontre; 2) la loi du 20 janvier 1999 relative a) à la transformation et à la restauration des maisons Printz et Richard à Luxembourg; b) aux travaux supplémentaires concernant l'agrandissement et la transformation du bâtiment de la Chambre des Députés ainsi qu'à l'aménagement des installations multimédias afférentes; 3) la loi du 24 février 1999 relative à la restructuration et l'extension du Lycée technique Nic Biever de Dudelange; 4) la loi du 29 avril 1999 relative à l'extension et la remise en état de certains bâtiments du Centre pénitentiaire de Givenich

pages 697-701

Ordre du jour

pages 701-702

5226 - Projet de loi relative à la construction d'un nouveau bâtiment dans l'intérêt du Centre de Recherche Public - Santé à Luxembourg

pages 702-705

5162 - Projet de loi portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État

pages 705-710

5163 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

pages 710-715

page 728

4536 - Projet de loi portant création d'une administration des services de secours

pages 715-725

5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen

pages 725-728

Ordre du jour

page 725

Ordre du jour

page 727

5265 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Hesperange

pages 728-730

5318 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes d'Esch-sur-Alzette et de Schifflange

page 730

5150 - Projet de loi autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte des Églises Orthodoxes Roumaine et Serbe du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public auxdites Églises

et

5151 - Projet de loi autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte de l'Église Anglicane du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public à ladite Église

pages 730-735

5148 - Projet de loi portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes

pages 735-744

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung

live an integral

mat enger Rediffusioun

all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un